



11. 6494 - Projet de loi modifiant la loi du 11 août 2006 relative à la lutte antitabac

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice.- Merci, Hâr President. Den 10. Juli 2012 huet d'Jugendparlament an enger Resolutioun gefuerdert, dass d'Gesetz iwwert d'Fëmmverbuet, dat zënter 2006 bei eis am Land besteet, verschärft soll ginn. Jonk engagéiert Leit, déi eis als Législateur opfuerderen, eis Populatioun a virun allem déi Jugendlech méi staark virum gesondheetsschiedleche Passivfëmmen ze schützen an esou ee Gesetz schnellstméiglech op den Instanzewee ze bréngen.

Hâr President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, genee dat maache mir haut. A Griichenland fëmmen, enger Enquête vum Eurobarometer no, 40% vun der Populatioun. 40%! Do si mer net wäit ewech vun all Zweetem, dee fëmmt. Wat ech ganz erschreckend fannen.

Zu Lëtzebuerg hunn, ier mer d'Gesetz 2006 mam Fëmmverbuet gestëmmt hunn, nach 30%, also bal en Drëttel, vun der Populatioun, gefëmmt. Bis 2011/2012 ass dee Pourcentage der ILReS no op 22% erofgaangen an huet sech haut bei 23% agependelt. Wann een eppes méi wäit zrëckbléckt, weist sech, dass a ronn zéng Joer, vun 2003 bis 2013, d'Zuel vun deenen, déi all Dag zur Zigarett gräifen, vun 28 op 17% zrëckgaangen ass. Dat ass eng Tendenz, déi optimisteschem stëmmt.

Allerdéngs ass bei eis eleng am leschte Joer d'Zuel vun deene jonke Fumeuren ëm zwee bis aacht Prozentpunkten an d'Luucht gaangen. Bei der Alterskategorie vun deene 15- bis 17-Jährege vun 13 op 21%; bei den 18 bis 24-Jährege vu 25 op 27%; a bei deene 25 bis 34-Jährege vun 29 op 33%.

Fir d'Fondation contre le cancer ass eng vun de Schlussfolgerungen déi, dass d'Tubakprevencion grad bei de Jugendlechen, bei deenen also, fir déi mir eis ganz besonnesch asetze wëllen, gestärkt muss ginn. Wat richteg ass, ass, dass d'Gesetz vun 2006 e Quantessprung bedeit huet, wat d'Aschätzung vum Fëmmen a vum Passivfëmmen an hir Folgen ueegt.

Gläiches gëllt fir d'Protektioun vun de Salaréien an d'Asicht géint déi erwise schiedlech Auswierkung vum Tubak. D'Sondagë beweisen et. D'Leit akzeptéieren net nëmmen d'Fëmmverbuet, wéi et am Moment gëllt, si apprécieieren et. A si sinn zu engem ganz groussen Deel, iwwer 67%, och derfir, dass d'Fëmmverbuet bei eis am Land erweidert gëtt op Caféen an Discoen.

Dës Virgehensweis erlaabt et, zwou Hauptpräoccupatiounen gerecht ze ginn: Zum engen der Protektioun vun alle Salaréien inklusiv deenen, déi an de Caféen an Discoen schaffen, virun de schiedlechen Auswierkung vum Passivfëmmen; an zum aneren der Protektioun vun deene Jonken, déi duerch déi nei Regelunge besser virum Passivfëmmen geschützt ginn, mä och virun der Versuchung, iwwerhaapt eréischt mat Fëmmen unzefänken. Ech komme méi spéit nach eemol dorop zrëck.

Et sief bemierkt, dass och d'Fumeure selwer e gewëssene Profit aus engem erweiderte Fëmmverbuet wäerten zéien. Och wann d'Fumeuren dat net all esou wëllen oder kënnen gesinn, der leschter ILReS-Enquête vun 2012 no, fille sech 87% vun der Populatioun gestéiert vum Zigarettendamp. A bei de Fumeure selwer sinn et ëmmerhin nach 70%, deenen de bloen Damp onheemlech op d'Nerve geet.

Mengen Informatiounen no si ganz vill Fumeure guer net rosé iwwert d'Fëmmverbuet, well eng gewollten a gehoffte Konsequenz dovunner ass, dass si selwer manner fëmmen wäerten. Ëmmerhi géife ronn d'Halschent vun alle Fumeuren hei am Land gären direkt ophale mat Fëmmen. Dobäi kommen awer nach weider 19%, déi op d'mannst wëlle manner fëmmen an der Zukunft.

All dës Zuelen, Hâr President, fir däitlech ze maachen, dass de Projet de loi iwwert d'Extenssioun vum Fëmmverbuet, dee mer haut hei diskutéieren an ofstëmmen, e wichtegen a richtige Schratt ass, dee vun enger grousser Majoritéit vun der Populatioun guttgeheescht gëtt an ënnerstëtzt gëtt. Déiselwecht Tendenz schielt sech iwwerall och bei den Avisen a Prise-de-positionen eraus, déi am Kader vun deemem Projet de loi ageholl goufen oder dem Projet de loi bäigefügt sinn. Vun am ganzen 22 Avisa waren der 19 positiv.

D'Fondation contre le cancer, a mengen Aen d'Haaptlobbyiste bei eis am Land fir e méi ge-

sonnt a fëmmfräit Liewen, huet fir nach méi staark Mesurë plädéiert, also en absolut Fëmmverbuet ouni Ausnahm wéi beispillsweis Fumoiren a fir eng radikal Verdeierung vun den Tubaksproduiten, fir domat den dissuasiven Effekt ze verstärken.

Nëmmen dräi Avisa waren negativ am Bezuch op d'Erweiderung vum Fëmmverbuet. Dat si virun allem déi direkt betraffe Milieuen, déi sech verständlecherweis e bësse méi schwéierdinn, fir sech ëmzestellen. Mä och dat soll keen Hinderis sinn. Mir hunn et jo bei de Restaurante gesinn. Trotz allen Ängschten ass dat ganz gutt a positiv iwwert d'Bühn gaangen. An ech denken, dass dat och dës Käier wäert de Fall sinn.

Zu de méi kritischeschen Avisa gehéiert och d'Chambre de Commerce, déi mat enger Baisse vum Chiffre d'affaire am Horeca-Secteur a vun den TVA-Recettë fir de Stat duerch de Verbuet vun der Vente vun Tubaksproduiten am Libre service argumentéiert. Och d'Chambre des Métiers ass kritesch vis-à-vis vu genee där Mesure.

Wat allerdéngs de Bilan vum aktuelle Gesetz ueegt, sinn eng Partie vun de Membere vun der Chambre des Métiers ganz positiv. Esou soen zum Beispill d'Traiteurs oder d'Bäckeren an d'Pâtisseries, dass hir Aarbecht an hir Produiten duerch d'Fëmmverbuet enorm opgewäert goufen.

Scho viru siwe Joer, wou mer hei op dëser Plaz iwwert de Projet de loi 5533 ofgestëmmt hunn, goufe mer vu verschiddene Säite mat Katastrophenzenarie konfrontéiert: D'Gesetz iwwert d'Fëmmverbuet géif näischt bréngen an doriwwer eraus dozou féieren, dass kee Mënsch méi géif an de Restaurant goen an déi als natierlech Suite dovunner en masse géifen zoumaachen.

Hâr President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, dass ech haut als Rapportrice vun engem neie Gesetz fir d'Erweiderung vum Fëmmverbuet hei ka stoen a soen, dass dat net age-tratt ass. An der éischter Joresnummer vum offizielle Magazin vun der Horeca Januar 2012 stoung ze liesen, dass d'Fëmmverbuet an de Restaurants hei zu Lëtzebuerg generell gutt akzeptéiert ginn ass. Dat ass eng Impressioun, déi ech ganz kloer deelen. Eis Partei ass nämlech der Meenung, dass et bei der Erweiderung vum Fëmmverbuet, also bei deemem Projet, iwwert dee mer haut diskutéieren, ähnlech wann net souguer d'selwecht wäert goen.

Jo, et ass erlaabt, drun ze zweifelen, dass d'Erweiderung vum Fëmmverbuet esou dramatesch Konsequenzen op den Horeca-Secteur wäert hunn, wéi dat dacks duergestallt gëtt. An der Belsch, e Land, dat zu Lëtzebuerg jo oft als Referenz geholl gëtt, fir ze vergläichen, sinn déi Zuele vun de vermeindlech ville Bistrotten, déi zënter dem Fëmmverbuet hu missen zoumaachen, relativéiert ginn. An engem Artikel an der belscher Dageszeitung «Le Soir» vum 13. Mee 2012 steet ze liesen: «La fin du tabac n'a pas tué un seul café.» An: «Jamais la baisse du nombre d'établissements n'avait été aussi faible.»

Wat nämlech bis dohin ni gemaach gouf, ass, d'Zuel vun de Caféen, déi zougemaach hunn, opzerechne mat der Zuel vun den neie Caféen, déi an där Zäit opgemaach hunn. D'selwecht war vergiess ginn ze erwähnen, dass déi Joren a Jorzéngte virdrun ganz vill a vill méi Caféen hu missen zoumaachen, och ouni Fëmmverbuet.

Deemno woen ech hei ze hoffen, dass och zu Lëtzebuerg déi ekonomesch Konsequenze vum erweiderte Fëmmverbuet am Horeca-Bereich net hallef esou schlëmm wäerte sinn, wéi gegaart gëtt. Egal wéi, d'Virdeeler a Saache Gesondheetsschutz schéngen mir evident an hir positiv Répercussiounen fir déi ganz grouss Majoritéit vun der Lëtzeburger Populatioun enorm grouss.

Op jidde Fall wëll ech als Presidentin vun der zoustänneger Santé- a Sécurité-sociales-Kommissioun nach eemol betounen, dass eis éischt Préoccupatioun der Gesondheet an dem Schutz vun der Gesondheet gëllt. Well wie just déi ekonomesch méiglech Perten aus där Siicht considéiert, dee gräift sécherlech ze kuerz. Kommt, mir vergiessen hei net, dass et nieft de gesondheetlechen a mënschlechen Konsequenze vum Fëmmen a Matfëmmen och déi ekonomesch Konsequenze vun de Gesondheetsschied gëtt, déi ganz oder deelweis duerch d'aktiiv a passiv Fëmmen bedéngt sinn an déi eis Gesellschaft enorm vill kaschten.

Hâr President, no der Aféierung vum Fëmmverbuet an den däitsche Caféen ass bei eisen Noperen d'Zuel vun de Behandlungen weinst Häerzinfarkter ëm 8% erofgaangen. D'Zuel vun den Traitementen weinst Angina pectoris - dat ass souzeseen de Virstadium vum Häerzinfarkt - ass souguer ëm 13% zrëckgaangen. Dës Zuele sinn d'Resultat vun enger Etüd, bei där Spidolsdossiere vun ëmmerhin 3,7 Milliounen Assuréeen an Däitschland iwwert d'Joren 2004 bis 2008 ausgewäert goufen.

Wann een de Käschtepunkt fir dës Behandlungen analyséiert, da sinn déi Zuelen nach méi

beandrockend. Esou sinn d'Käschte fir déi stationär Behandlungen bei Angina pectoris ëm bal 10% zrëckgaangen, déi vum Traitement fir Häerzinfarkter souguer ëm 20% gefall. 20%! Duerch verschidden Etüden ass doriwwer eraus erweisen, dass den Tubak schold ass un 30 bis 40% vun alle kardiovaskuläre Krankheete bei de Fumeuren, mä dass en de Risiko vun deene Krankheeten och bei Passivfumeuren ëm 25 bis 30% steigert.

Eng international Analys - d'Referenze fannt Der am schréffleche Rapport - weist, dass a Länner a Stied, wou en erweidert Fëmmverbuet agefouert gouf, d'Zuel vun den Häerzinfarkter an der Moyenne ëm 17% erofgaangen ass. An der medezinescher Fachpress fënnt een zousätzlech ganz vill Informatiounen iwwert d'Diminutioun vun de Fréigebueren an deene Länner op deene Plazen, wou d'Fëmmverbuet agefouert gi war.

Enger Etüd vun der Universitéit Hasselt no wier an der Belsch mat all weiderer Etapp vum Fëmmverbuet d'Zuel vun de Fréigebueren massiv erofgaangen. Oder fir et nach e bësse méi prezis ze soen: Nom Fëmmverbuet an de belsche Restaurants 2007 ass de Risiko fir eng Fréigebuert erwisenerweis ëm iwwer 3% zrëckgaangen, an no der Erweiderung vum Fëmmverbuet op Caféen ëm weider 2,65%.

Hâr President, mir sinn der Meenung, dass dës Zuele fir sech schwätzen. E wäitverbreiteten Iertum ass jo deen, dass fëmmen relaxéiert an hëlleft Stress ofzebauen. Wann dat wouer wier, da misst d'Zigarett jo och engem Non-fumeur hëllefen, wéi e Medikament praktesch. Dat ass awer net esou.

D'Fëmmen entspaant tatsächlech just d'Fumeuren. A firwat? Ma ganz einfach, well et fir d'Leit, déi vun eppes ofhängeg sinn, an dat ass bei Fumeuren de Fall, ëmmer guttdeet, wa se no enger méi oder manner längerer Entzugsphas - schliesslech kann ee jo beim beschte Wëllen net non-stop fëmmen - de Suchtobjekt erëm kënnen genéissen. Ouni deen Objet feelt engem jo eppes.

Bei enger Persoun, déi net fëmmt, wierkt den Nikotin allerdéngs net op d'Wuelbefannen, mä ass ganz am Contraire meeschtens mat Kappwéi, Schwindel an lwwelkeet verbonnen. Kee Wonner, well si si jo net un dat Nervegëtt, dat iwwert d'Zigarett an de Kierper kënnt, gewinnt. An dofir ka vu relaxéieren a vu Stressofbau natierlech keng Ried sinn. Bei Fumeure klappt dat awer, allerdéngs och nëmme kuerzfristeg. Laangfristeg ass d'Zigarett nämlech à l'origine grad vun deem Stress. Woumat sech de Krees dann erëm schléisst.

Dir kënnt lech erënneren, Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet de loi, esou wéi en den 31. Oktober d'lescht Joer déposéiert gouf, dat war e Kompromësstext, deen d'Fëmmverbuet sollt op Caféen an Discoen erweideren, dobäi awer virgesinn hat, dass d'Fëmmverbuet net direkt soll fir all Cafée gëllen. Geplangt war, eng lwwergangsperiod vu maximal dräi Joer fir kleng Bistrotten, an deene kee Personal ugestallt wier, anzeféieren. Eng lwwergangsperiod, an där fir déi Cafée, déi eng Surface vun ënner 60 m² hunn, d'Fëmmverbuet net soll direkt gëllen. Dat och, fir hinnen Zäit ze loossen, sech op déi nei Bestëmmungen anzustellen. An dës lwwergangsperiod sollt da virum Oflaf vun där Phase transitoire evaluéiert ginn.

A sengem Avis vum 22. März 2013 huet de Conseil d'État sech negativ zu esou enger lwwergangsperiod ausgeschat. An dat aus ganz verschiddene Grënn. Eleng d'Prozeduren, fir dierfe vun där Période transitoire ze profitéieren, an de Fait, dass ee muss eng speziell Autorisatioun froen, géife géint de Grondprinzip vun enger lwwergangsperiod goen.

Och gouf gesot d'Kritäre wieren net kloer genuch. De Statsrot huet an deem Zesammenhang d'Fro opgeworf, ob de Kritär vun der Gréisst vum Café eleng e berechtigte Grond géif duerstellen, fir dass een déi Cafée anescht dierft behandele wéi déi aner. Hei stellt sech wéi gesot d'Fro vun der Conformitéit vun där Bestëmmung mam Artikel 10bis vun der Constitutioun.

D'Santéskommissioun huet sech doropshin zesummegesat, an an den Diskussiounen huet sech ganz séier erausgeschiet, dass eng ganz grouss Majoritéit vun de Membere d'accord war, fir d'lwwergangsbestëmmungen ewechzelassen an deemno direkt dat uviséiert Zil unzesteieren, nämlech e Fëmmverbuet op alle Plazen, déi ënnert d'Kategorie vun de Lieux fermés accessibles au public géife falen.

Weider Bestëmmunge vun deemem Projet de loi betreffen d'Méiglechkeet, fir Fumoiren a Caféeen, Restaurants an Hotelten anzerichten, dës ënner strengen Oploen, a virun allem déi, dass déi Fumoire strikt ofgetrennt musse sinn, dass se mat enger effikasser Entlüftung mussen équipeiert sinn an dass et weder eng Duerchgangszon nach e Service do gëtt.

Doriwwer eraus ginn duerch d'Gesetz och nach bestëmmte Situatiounen gekläert, zum Beispill déi vun de Galerie-commerciaux an Etablissements couverts, wou Fräizäitaktivitéiten ugebueden a praktizéiert ginn. Do wäert et och an Zukunft ganz kloer e Fëmmverbuet ginn.

Doriwwer eraus gëtt et am Gesetz d'Bestëmmung, déi verbitt, dass ee weiderhin Tubaksproduiten am Libre service ka kafen. An Zukunft soll et esou sinn, dass een de Verkeefer muss froen, fir se ze kréien.

Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6494 ass deemno déi logesch Suite vum éischte Gesetz iwwert d'Lutte antitabac, dat mer viru siwe Joer hei diskutéiert an ofgestëmmt hunn. Mat deem Gesetz a mat deemem Projet de loi komme mer eisen Engagementer no, déi mer och duerch d'Signature an d'Ratiofickatioun vun der Kaderkonventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun iwwert d'Lutte antitabac geholl hunn. Mir hunn eis domadder ënner anerem engagéiert, fir effikass Mesuren ze treffen, fir d'Mënschen op der Aarbecht, am öffentlechen Transport, op den öffentleche Plaze géint den Tubaksdamp ze schützen.

Dës Projet, deen d'Erweiderung vum Fëmmverbuet elo virgesäit, soll den 1. Januar 2014 a Kraaft treden. Dat léisst de Caféeen an den Discoen weider sechs Méint Zäit, fir sech op déi nei Bestëmmunge virzebereeden an anzustellen.

Déi grouss Gewënner sinn déi Jonk. An Däitschland fëmmt all fënnfte Jonken tëscht eelef a 17 Joer. Jonge wéi Meedercher. D'Altersmoyenne vun de jugendleche Fumeure läit bei eisen däitschen Noperen bei 14 Joer. Hei zu Lëtzebuerg fëmmen déi Jonk hir éischt Zigarett am Schnëtt mat 13 Joer an nëng Méint. 1990 lounge deen Alter nach bei ronn 12 Joer. Den Astiegsalter a Frankräich läit bei eelef Joer an aacht Méint. Eelef Joer! Wësst Der, wéi jonk dat ass, eelef Joer?

(Interruption)

Et ass cool, et mécht attraktiv a se maachen et alleguer. Dat sinn dräi vun deenen Haaptargumenter, déi vun deene Jonken ugefouert ginn, wann ee se freet, firwat se fëmmen oder iwwerhaupt mat Fëmmen ugefaangen hunn. Als oncool gëlle virun allem d'Elteren, déi hiren Hänn kee Rot méi wëssen, wa se matkréien, dass hir Kanner fëmmen a wa se verzweifelt probéieren, hinnen dat auszedreiwelen.

An och, wann et wouer a richteg a gewosst ass: Mat der Perspektiv vu Longekriibs an Häerz- a Kreeslafkrankungen am Alter oder aneren erwisene Suitë vum Fëmmen kritt ee kee Jonke bekéiert. Och d'Tatsaach, dass d'Gefor, u Kriibs ze erkranken, bei Fumeuren, duebel esou héich ass wéi bei Non-Fumeuren, schéngt haut nach ëmmer kee vum Hocker ze rappen.

Wat an e puer Jorzéngten eventuell kann anrieden, interesséiert haut kee vun deene Jonken. Da schonn éischter de schlechten Otem oder d'Kleeder, déi sténken, d'Otemnout beim Sport, den ellenen Houscht oder den eidele Portmonni.

Wat och ganz effikass ka sinn, dat ass, wann een deene Jonken an der Pubertéit, also deem Alter, wou déi meescht Fumeuren zur éischter Zigarett gräifen, all déi eekleg Saachen opzielt, déi an der vermeindlech harmloser an attraktiver Zigarett dra steechen: Arsen wéi am Rategëtt, Ammoniak wéi an de Botzmëttel, Naphthalin wéi am Mattegëtt, Goudron wéi op de Stroossen, oder Formaldehyd wéi an den Désinfectanten. Net grad appetitlech.

Mä ob een domat de Reiz vum Fëmmen gebrach kritt, woen ech ze bezweifelen. Wéi kréie mer nëmmen déi falsch Meenung aus de Käpp eraus, dass fëmmen erwuesse mécht, e Stéck Fräiheet ass, cool ausgesäit, schlank mécht a selbstebewosst? Hei sinn net nëmmen d'Elteren zimlech iwwerfuerdert. Dach, Eltere kënnen e ganz groussen Afloss op hir Kanner hunn a sinn enorm wichteg fir hir Entwécklung. An awer ass a mengen Aen d'lwwerzeegungsarbecht vis-à-vis vun deene Jonke wäit méi wéi en Eltereproblem, mä eng gesellschaftlech Verantwortung vun eis all.

Kolleeginnen a Kolleegen, mat deem virleiede Gesetz iwwerhuele mir en Deel vun där Verantwortung a féieren dat, wat mer 2000 ugefaangen hunn, elo zu Enn. „Wat bréngt dat dann, den Tubak ze verbidden?“, soen d'Skeptiker. Hinne géif ech dat exzellent Buch vun der Dokter Martine Pérez «Interdire le tabac, l'urgence» recommandéieren.

Jo, den Tubak verbidden a Resultater kréien, ass méiglech a wëschenswäert. Kuckt an Amerika, deem Land vum John Wayne, deen iwwerregens och u Kriibs gestuerwen ass, vum Marlboro-Cowboy a vum Humphrey Bogart, deen ee bal a kenger Filmszen ouni eng Fëmm gesinn huet: Progressiv, mä drastesch gëtt d'Fëmmen hei verbueden, an dat ouni gréisser Oppositioun vun Säite vun der Populatioun.

Oder a Finnland, wou d'Offer oder d'Vente vum Tubak un e Mineur mat sechs Méint Pri-



song ka bestrooft ginn, a wou Jonker ënner 18 Joer iwwerhaapt keen Tubak dierfe bei sech hunn. An alle Lieu-publichen, wou Mineure kënnen eran, dierf a Finnland net gefëmmt ginn. D'Zigarettepack dierfen iwwerhaapt net méi op Comptoirs exposéiert ginn an iwwerhaapt net méi visibel sinn.

Iwwerdrifft fir déi eng, eng Noutwendegkeet fir déi aner. Mir ginn elo och op esou e Wee oder op en ähnleche Wee. E Land ouni Tubak, ass dat en Dram? Ass dat e Modell?

A mengen Ae gëtt et keen Zweifel dorunner, dass eng effikass Protektioun vun deene Jonke virum Tubak d'Entstoe vun neie Generatiounen vu Fumeuren verhënnert a mëttel- oder laangfristeg carrément suppriméiert.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als LSAP sti mir hannert dësem Projet de loi, deen d'Erweiterung vum Fëmmverbuet alaut. Mat dësem Gesetz schafe mir Raum, wou falsch Coolheet keng Plaz méi huet, a mir schafe Plazen, wou de soziale Mateneen ouni Tubak eng besser Chance huet.

An ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Rapprortrice. An als éischt Riednerin ass d'Madame Martine Mergen agedroen. Madame Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wien haut nach behaupt fëmm wier net schiedlech fir sech selwer oder fir déi, déi den Tubaksdamp mussen anootmen, deen ass kloer op der verluerener Säit. D'Madame Mutsch ass an hirem exzellente schréfflechen a mëndleche Rapport ausféierlech dorobber agaangen, wat fir en néfasten Afloss d'Fëmmen huet a wat den Tubak net nëmme fir deen Eenzelnen, mä och epidemiologesch a gesondheetspolitesch fir Folgen huet.

Mir sti mat dësem Gesetz voll am Trend vun deenen anere Länner an Europa an op der Welt. Mir ginn dee Wee weider, deen d'Kaderskonventioun vun der OMS virgeschloen huet, nämlech all gesetzlech Moosnamen ze huelen, fir déi jëtzege an zukünftege Generatiounen virum de schiedlechen Effekter vum Tubaksdamp ze schützen. Mir follege mat deem Gesetz och dem Wonsch vun deene meeschte Bierger hei am Land, well Ëmfroe weisen, dass 87% vun de Leit sech vum Tubaksdamp gestéiert fillen a souguer 77% vun deene Leit, déi selwer fëmmen.

Dat weist, dass grad wéi dat éischt Antitubakgesetz vun 2006, wat deemools och fir ganz vill Diskussiounen gesuergt hat, och dëst Gesetz also wäert no e puer Méint vergiess sinn. Et wäert bei ons, grad wéi an deene meeschten europäesche Länner, net méi an de Bistron an an den Discoe gefëmmt ginn, a jiddweree wäert dat normal fannen.

Wat net esou kloer ass, dat ass deen zukünftegen Effekt op d'Gewunnechte vun de Leit. Mir wëssen, dass déi allermeescht Leit, déi fëmmen, am léifste wëllen ophalen. D'Madame Rapporteur huet et nach eng Kéier gesot. Mir wëssen awer och, dass et mam Fëmmen wéi mat anere Suchtgefter net esou einfach ass, fir opzehalen.

Meng Praxis - a meng Praxis spillt an engem Milieu, wou historescherweis vill gefëmmt gëtt, an deem schonn am leschte Gesetz eng Ausnahm vum Fëmmverbuet an öffentleche Gebaier zougestane gouf -, meng Praxis also bestätegt dësen Trend.

Hëllef vun Sevrage ass eng heefeg Demande vum Patient, sief dat, well e Gesondheetsproblem virläit, sief dat, well en agesäit, dass Fëmmen schiedlech ass an e seng gesondheetlech Perspektiv wëllt verbesseren, oder sief dat einfach, well e sech mat der Zäit selwer op d'Nerve geet. Verschiddener packen et beim éischten Ulaaf, anerer net. Do ass dann en zweeten oder drëtten Ulaaf néideg. Anerer packen et iwwerhaapt net, och net beim zéngten Ulaaf.

Wa Medeziner kënnen a solle sensibiliséieren an hëllefen, ass et awer nach ëmmer d'Persoun selwer, fir de Sevrage duerchezéien. De Wee opzehalen, ass fir jiddwereen individuell. Dofir ass et och esou wichteg, dass jiddwereen, dee wëllt ophalen, och individuell ka konsultéieren. Dat ass an deene leschte Jore vill an oft geschitt, an dat wäert och weider geschéien. D'Décisioun, opzehalen, gëtt oft ee Moment geholl, wou et engem gesondheetlech net esou gutt geet. Do kann den Dokter dann déi adequat Hëllef offéieren. An an dëser Situation sinn d'Heelungschancen och oft am beschten.

Dofir ass et esou wichteg, dass d'Sensibiliséierungscampagnë parallel zum virleiende Projet virulafen, fir den Intérêt vu Sevragen opzewiesen, fir Sevragen ze ënnerstëtzen, mä och a virum allem fir dass déi Jonk net sollen ufänke mat Fëmmen. Well och wann en Accro, deen

iergendwann ophält, sech grad e positiven Effekt op seng Gesondheet kann erwaarden, och nach wann e méi spéit ophält, ass et esou, dass de Fait, ni ugefaangen ze hu mat Fëmmen, deen allergréissten Effekt op d'Santé publique hätt. Dat ass deen Zweck, dee mer musse verfollegen. An dat hate mer och schonn esou am Joer 2006 gesot.

Mir musse feststellen, dass an dësem Domän d'Gesetz vun 2006 awer kee wierklechen Duerchbroch bruecht huet. D'Madame Mutsch huet dat och an hirem Ried gesot. Zwar fëmmen d'Leit global gesi manner zënter dem éischten Antitubakgesetz, mä d'Zil, dass manner Jugenlecher solle fëmmen, hu mer awer verfeelt. Et si virum allem d'Alterskategorien 18 bis 24 a 25 bis 34, déi fëmmen.

Et ass evident, dass d'Preventioun vum Tubak bei deene Jonken eng Prioritéit muss hunn. Mä dat setzt villes viraus. Fir dat ze erreechen, geet et net duer, d'Gesetz vun 2006 ze verschärfen. Et geet net duer, d'Fëmmen an de Caféen oder an den Discoe ze verbidden. Mir mussen dofir op e puer Niveauen agéieren.

Wéi dat éischt Tubaksgesetz - Antitubakgesetz, misst ee soen - gestëmmt gouf, hat ech gesot, dass „Europe contre le cancer“ nëmme zwou dissuasiv Methode kennt, fir Jonker primär vum Tubak ewechzehalen, an zwar éischstens, de Präis vun de Produite sensibel ze hiewen, an zweetens, den Accès drop ze erschwéieren.

Dat mam Accès gëtt mat dësem Gesetz weidergefuert, notament wat d'Vente vum Tubak op den Tankstellen ugeet. De Groupement des pétroliers, dee Géranten oder Propriétaires vun Tankstelle representéiert, ass och dowéinst mat deene proposéierten Ännerungen net zefriden. Or, preventiv handeln, heescht awer an dësem Fall, den Zougang ze erschwéieren. An dofir mussen och si an de saueren Apel bidden.

Dat mam Präis ass esou eng Saach, wou ech grad wéi 2006 der Meenung sinn, dass ons Haltung net enger gewëssener Hypokrisie entbiert. An England ass d'Zuel vun den Tubakseinstieger dee Moment sensibel erofgaangen, wéi de Präis vun de Produite brutal gehuewe ginn ass. Mir wäerten also iergendwa mussen och an onsem Land déi finanziell Intérëten, déi mat der Tubaksvente verbounne sinn, mat deene vun der Santé publique ofweien.

Vu dass een awer net kann an och net dierf de Leit verbidden ze fëmmen, wier et eng intolerabel Amëschung an d'Privatsphär vun de Leit...

Pardon, meng Reie si mer duerchernee gerdon. Ech brauch eng Sekonn.

► **Une voix.** - Eng Zigarette umaachen.

► **Mme Martine Mergen (CSV).** - Eng umaachen.

Also, de Moment hu mer als eenzege Moyen - ech gräifen iergendwou erëm op -, dee mer hunn, fir déi Jonk vum Fëmmen ofzehalen, d'Sensibilisatioun vun hinne selwer an dat, wat d'Madame Mutsch sot, dass se sech net méi sollte méi cool spieren, wa se fëmmen, a vun den Elteren. Mir musse se weider op d'Gefore vum Fëmmen a vum Passivfëmmen hiweisen. An dësem Domän spillen d'Dokteren eng ganz grouss Roll, sief dat den Hausdokter, de Kannerdokter oder de Fraendokter. Well mir wëssen all, wéi schiedlech dat d'Fëmmen während enger Schwangerschaft ass.

Wat speziell déi Jonk ugeet, ass et wichteg, d'Schoul mat anzubannen an de Campagnen. Déi nei Campagne „Yes, I said No.“ setzt op vill Elementer, déi bei deene Jonke gutt ukommen. Et bleift, dass d'Problematik vum Fëmmen vill méi an de Schoulen an och doheem misst thematiséiert ginn.

Ech wëllt nach eemol kuerz nohaken, no menger Remarque vun engem globalen a komplette Fëmmverbuet och am private Beräich. Et gëtt nämlech och Leit, déi fir esou eng radikal Léisung sinn a se fir méiglech halen. Dat wier fir ons awer eng intolerabel Amëschung an d'Privatliwwen. Esou e Verbuet wier och kontraproduktiv. Et brauch ee sech just un d'Prohibitiv vum Alkohol an der éischer Halschent vun leschte Jorhonnert ze erënneren, déi an e puer Länner - d'USA, Kanada, Russland, Finnland - ouni Erfolleg war a wou de Schwaarzhandel grasséiert huet.

Iwwregens ass dat och eng Gefor, déi ee sech muss am Hannerkapp behalen, sollte mir dee Wee aschloen, d'Präisser vum Tubak massiv ze erhéien. An England, wou d'Präisser eropgesat gi sinn, wéi ech scho gesot hat, sinn d'Saisien op haart Drogen an der Lescht erofgaangen, während d'Saisien op geschmuggelt Zigaretten, déi och vill méi geféierlech sinn wéi déi normal Zigaretten aus dem Handel, eropgaange sinn.

Här President, am Gesetz vum 11. August 2006 ass hei zu Lëtzebuerg e grouse Schrëtt am Kampf géint den Tubak gemaach ginn. Säitdeem dierf - résuméiert - net méi an de Resta-

ranten tëscht 12 an 2 an tëscht 7 an 9 och net an de Cafée gefëmmt ginn, déi lessen zerwéieren. Et huet awer fir d'Restaurateuren d'Méiglechkeet bestanen, e separate Fumoir anzeriichten. Mir wëssen awer haut, dass ganz weineg Restaurateuren vun dëser Méiglechkeet Gebrauch gemaach hunn.

D'Gesetz vun 2006 huet fir vill Diskussiounen gesuergt. Haut ass et fir ons dat Normalst vun der Welt, net méi an engem Restaurant ze fëmmen. Am Regierungsaccord 2009 ass festgehalen ginn, dass d'Gesetz vun 2006 misst evaluéiert ginn an e Plan tabac misst a Kraaft trieden. Et sollt och e besonnenen Accent op de Schutz vun onser Jugend gesat ginn.

Fir d'CSV war vu vira kloer, dass eng Verschärfung vum Fëmmgesetz sollt a misst kommen. Et war fir ons ëmmer evident, dass d'Zil mëttel- a laangfristeg en totale Fëmmverbuet a Cafée misst sinn.

Wann d'Zil fir ons alleguerten datselwecht wor an ass, an do besteet keen Zweifel, esou hu mir awer iwwer d'Modalitéiten, wéi mir dohi sollte kommen, wéi mir dat Zil sollten erreechen, intern, sief dat um Parteiniveau wéi um Niveau vun der Fraktioun, kontrovers diskutéiert, wat jo an enger Vollekspartei dat Normalst vun der Welt ass.

Mir haten och - an dat ass kee Geheimnis - zwou Approchen. Déi eng huet doranner bestanen, fir den totale Fëmmverbuet an alle Caféen ouni Exceptioun ze plädéieren. Laut där anerer méi larger Approche sollten d'Cafetieren ënner verschiddene Konditiounen kënnen selwer entscheiden. D'Zil wor, an der kierzester Zäit - 12 bis 18 Méint - méi wéi 50% vun de Cafée fëmmfräi ze kréien. A laangfristeg sollt dës Fëmmverbuet fir all Cafée gëllen. D'Cafetiere sollte sensibiliséiert ginn, a si sollten e bësse méi Zäit kréien, fir sech besser ze organiséieren.

Et war awer och ganz kloer fir d'Verteideger vun dëser Approche, an dat vu virerof, dass kee Kompromëss fir d'Jugend dra wier. Déi sollte besonnenesch geschützt ginn. No dëser Approche sollte si zum Beispill keen Accès zu Cafée kréien, wou gefëmmt gëtt. An de Fëmmverbuet sollt fir Discoe gëllen, wat iwwregens jo mat deem heitege Projet och elo kënn. Dës méi large Approche ass net am Projet de loi, deen deposéiert gouf, zréckbehalen ginn.

Et bleift, dass de Projet de loi souwuel a senger initialer wéi och a senger definitiver Versioun awer e Kompromëss duerstellt, mat deem - kann ee soen - jiddweree misst kënnen liwwen. Dës Kompromëss dréit engersäits dem Schutz virum Tubaksdamp Rechnung, anersäits grenzt en d'Fëmmerten net komplett aus.

Deen initialen Text, deen deposéiert gouf, hat versicht, eng Bréck ze bauen tëscht de géigesätzlechen Approchen. Et war virgesinn, dass net all Café sollt ënnert de Fëmmverbuet falen. Well nieft dem Schutz vum Jugenlechen de Schutz vum Employé e wichtege Aspekt vum Projet ass, wor och eng Ausnahm virgesinn, déi och dësem Aspekt sollt Rechnung droen. Esou huet den initialen Text virgesinn, dass de Cafetier, deen eleng säi Lokal féiert respektiv deen de Café mat senger Fra féiert, a wou keen Employé schafft, dass de Cafetier kéint selwer decidéieren, wéi hien et mécht. Dann nach als zousätzlech Konditioun eng Quadratmeterzuel, déi de Café net dierft iwwerschreiden, fir ënner esou eng Ausnahm falen ze kënnen. Et ass iwwregens ëm déi sougenannten „Bopecaféen“ gaangen, där et nach e puer am Land gëtt a wou verschiddentlech eeler Leit säit Joer an Dag erakommen, hire Patt drénken an hir Zigarette, hir Päif oder hir Zigar fëmmen. Dat war geduecht als Ausnahm.

Dës Ausnahm, mat där sech iwwregens och bei ons déi méi presséiert Unhänger vum absolute Fëmmverbuet an de Caféen net konnt ufrënnen, ass opgrond vum Avis vum Statsrot fale gelooss ginn. Mir hunn ons den Argumenter ralléiert.

Et bleift mat dësem Text d'Méiglechkeet, Fumoirs an de Bistron anzeriichten, wou därer gefëmmt ginn, awer net zerwéiert. Wann de Schutz virum bloen Dampf ons wichteg war, da wor et ons awer och wichteg, dass d'Raucher net sozial ausgegrenzt ginn, dass déi och nach kënnen erausgoen, een huele goen, e soziaalt Liewen hunn an hir Zigarette fëmmen, ouni dass déi aner dem Dampf ausgesat sinn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, dass Gesetz, wat mer haut stëmmen, ass e Schratt an déi richteg Richtung, ma net d'Léisung vun alle Problemer. Et ass wichteg, dass seng Impakter weiderhi verfolge ginn. An ech setzen do mäi ganz Vertrauen an den Engagement vun deenen Organisatiounen, déi sech och bis elo derfir agesat hunn, dass d'Preventionsarbecht hei bei ons am Land virugeet.

Et ass awer och wichteg, dass déi weider Schrëtt, déi mer maachen, gutt duerduecht sinn. Toleranz a Respekt musse weiderhin den

Ëmgang ee mat deem anere bestëmmen. Fanatismus ass hei falsch op der Plaz.

Mir schützen mat deem Gesetz haut ons Bierger a besonnenesch d'Kanner a Jonker virum Passivfëmmen a suerge fir e propperen Environnement a Caféen an Discoe. Mir erschwéieren den Zougang zu den Tubaksproduiten.

Dat ass fir d'CSV-Fraktioun keen Agrëff an engem seng perséinlech Fräiheet, déi jo bekanntlech do ophält, wou deem anere seng ufänkt, mat Recht, zum Schutz virum schiedlechen Tubaksdamp. Dofir wäerte mir dëst Gesetz och matstëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci der Madame Mergen. An als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Här Krieps, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alexandre Krieps (DP).** - Bonjour, Här President. Dir Dammen an Hären, virewech wëll ech soen, dass et a menger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet kee Fraktiounszwang gëtt an dësem Projet. Jiddweree soll no beschtem Wëssen a Gewësse kënnen ofstëmmen. Ech perséinlech wäert dës Gesetzesvirlag stëmmen. Als Medeziner féiert mech do kee Wee derlaanscht zu deem positive Vote.

Besonnenesch als liberal Partei deet ee sech nach schwéier mat staatlechen Agrëffer an d'Privatsphär. Dat ënnerscheet ons e bësse vun der CSV. Ob dat d'Fëmmen elo ass oder soss en Agrëff vum Stat, en Agrëff bleibt en Agrëff. Mir hunn an onser Fraktioun laang doriwwer diskutéiert a sinn zur Konklusioun komm, dass mir ebe bei dëser Gesetzesvirlag fräi sollten ofstëmmen. Mir stinn als liberal Partei all deene Problemer, wou direkt d'Gesellschaft de Stat erbäirift, fir eppes ze regelen, éischer skeptesch géigeniwwer. Déi legalistesche Tendenzen, déi kënnen heiansdo ganz wäit goen. An dat ass e Schratt an eng Déresponsabilitéit vun der Eegeverantwortung vun deenen eenzelne Leit.

Dat gesot, gleewe mir, dass mer eng Entwécklung amgaange si matzemaachen, wou de kompletten Dirigismus vun uewen hei zielt. An ech mengen, och an dësem Dossier ass dat keng gesond Entwécklung.

Här President, beim Vote vum 2006er Gesetz krut meng Partei ënnerstallt, si géif ënner enger Decke mat der Tubakindustrie stiechen. Dat ass absolut lächerlech, well dës Ennerstellung wëll ech kloer zréckweisen. Deemools krut onse Spriecher, den Niki Bettendorf, dat virgehait. D'Demokratesch Partei hält hir Positionen a voller Onofhängegkeet.

An ech wëll lech drun erënneren, Här Minister, dass deen éischen Avant-projet de loi zum Fëmmverbuet hei am Land 1977 geholl ginn ass. An deen deemolege Projet ass am Januar '83 hei an der Chamber deponéiert ginn, de 27. Januar. De Collège médical huet deemools a sengem Avis bedauert, dass den Alkohol net géif mat eragezu ginn an dat Gesetz. An et huet duerno bis '89 gedauert, bis ons deemoleg OGB-L-Gesondheetsministeren dat Gesetz hei an der Chamber stëmme gelooss hunn.

Wien ass dann deemools do der Tubakindustrie op de Laim gaangen? Och huet e Gesondheetsminister vun der DP 2003 d'OMS-Kaderkonventioun ënnerschwommen. Et kann een em net virwerfen, dass d'Ratiofizierung laang op sech waarde gedoen huet. Dat fir den Historique.

Perséinlech war mäin éischte Kontakt mam Tubak an de 50er Joren, no de Griewerseenungen zu Déifferdang - haut Déifferdeng - den 1. November. Ech muss aacht, zéng Joer al gewiescht sinn, do sinn d'Damme kache gaangen no de Griewer an dann... fir déi zweete Kéier an deem Dag, an d'Männer sinn an de Bistron gaangen. De Café Wampach, dee jiddweree kennt. De Vitali an der Avenue Charlotte.

Do si mir all als Kanner mat pickegen Aen erauskomm, well do louche schwaarz Tubakswolken an de Bistron. De Cachet rouge, dat war eng Zigarette vum Heintz Van Landewyck, déi speziell un d'Ae gaangen ass. Ech muss och soen, ech war 30 Joer laang perséinlech e bekennende Fëmmert. Maryland ouni, Gauloises Troupe ouni, déi mam Ammoniak gedréchent gi sinn, a schlussendlech Gitanes ouni. An ech hunn dat hei op der Tribün scho gesot: 2009, wéi ech opgehalen hunn, Gitanes ze fëmmen, hu se déi vum Maart ewechgehol. Mä ofgesinn dovunner deet et mer net leed, dass ech mat 50 Joer opgehalen hunn ze fëmmen.

► **Une voix.** - Très bien!



► **M. Alexandre Krieps** (DP).- Ech muss och hei zouginn, dass ech, ier déi offiziell Aar-bechtsmedezin agefouert ginn ass, Examens d'embauche médicaux gemaach hu fir d'Firma Heintz Van Landewyck. Ech weess net, wéi et haut ass, mä deemools war dat eng extrem so-zial Firma, déi hiert Personal ganz gutt behan-delt huet. Ech hunn awer hei keen Interes-sekonflikt.

Ech kommen zur Protektioun vun den Netfëm-merten, Här President. Heibäi handelt et sech ëm e Kärsch vum deem Gesetzprojet. Awer et ass dee Punkt, wou dat totaal Fëmmverbuet an de Bistroyen, wat am Virfeld hei am meesch-ten Diskussioun provozéiert huet.

A mir waren als Demokratesch Partei vun Ufank u relativ géint dat radikalt Fëmmverbuet an de Caféeen, obschonn d'DP all Mesure ënnerstëtzt, déi zu engem bessere Schutz virum Tubaks-damp bäidrëit, wéi et an der Kaderkonventioun vun der OMS virgesinn ass. Mir sinn natierlech der Meenung, dass op deene Plazen, wou een de Choix net huet, fir net hinzugeen, öffentlech Plazen oder esou, d'Fëmm verbuede misst sinn. Wat jo och duerch d'Gesetz virgesi war deemools.

An ech mengen, e Café oder e Restaurant, dat ass net eng öffentlech Plaz... eng Gare. Et hätt ee missen de Bistrotiere méi Choix loosse. Ech gleewen dorunner. An déi fräiwëlleg Fëmmzon-nen... fëmmfräi Zonen, wéi se virgesi waren ee Moment, ech weess net, ob dat vill bréngt. Ech hätt de Cafetiere méi Vertrauen zougesprach.

Dat gesot, gleewen ech, dass mir missten hei éischter nom Subsidiaritéitsprinzip agéieren. An der Horesca hätt ee missen eng Chance ginn.

Ee Wuert zum ekonomeschen Aspekt vun dësem Gesetzprojet. Et freet een - et ass virdrun ugesprach ginn -, firwat d'Cafetieren net méi laang Délaie kritt hunn, fir sech der Situatioun unzepassen. Ech deelen net déi Meenungen, déi ausgedréckt gi si par rapport zu der Belsch, well do ass d'Zuel vun de Bistroyen ëm 15% zrëckgaange säit dem Juli 2011. An d'Iwwer-huele vu Bistroyen ass ëm en Drëttel erfogaan-gen.

Et ass och dovunner - an onsem Land - ausze-gen, dass d'Tubaksindustrie, déi plus ou moins 850 Leit beschäftegt, ënner Ëmstänn bei réck-leefeger Produktioun, obschonn se ganz vill Saachen exportéieren an d'Ausland, Leit mis-sen entloossen. Et ass Rieds gewiescht vun hon-nert Leit, plus ou moins honnert Leit. Dat nämlech bezitt sech dann natierlech op d'Grossisten an d'Tubaksbutteker.

Ass dru geduecht ginn, deene Betriber, Bistroyen an Industrie Crédits d'impôts zoukommeze-loossen, fir den Impakt vun engem Gesetz ofze-fiederer? Dat ass eng Fro, déi misst beäntwert ginn.

Déi meescht Bestëmmungen also, déi betreffen d'Netfëmmerten, mä wéi steet et ëm d'Fëm-merten? Ginn déi och viru sech selwer ge-schützt? Wou steet déi Éducation sanitaire an de Schoulen?

Ech hunn hei d'Madame Mergen héiere soen, d'Kanner géife mat eelef, zwielef Joer ufänken. Do misst een an de Schoulen de Programm maachen, ier se ufänken, wann een nämlech, wéi et an der Chamberskommissioun hirem Rapport steet, d'Ambitioun huet, fir déi Jonk dovunner ofzehalen.

Ech wollt och de Minister froen, Här President, wéi vill Leit vun deene Programmer, déi d'CNS bezilt, fir opzehalen ze fëmmen, mat de Pat-chen an de Substituter, wéi vill Leit dovunner Benefiss geholl hunn, wéi vill der am Fong opgehalen hunn, wéi vill Suen d'CNS hätt misse bezuele fir déi Programmer, an ob déi net ze vill bürokatesch sinn oder waren.

An dann, de Präis vun den Tubaksproduiten ass ugesprach ginn. Mir leien do am europäesche Méttelfeld. An do ass bestëmmt nach Sputt no uewen, well d'Madame Mergen huet och do gesot, dass, wéi den Tubak fir 8 Euro de Pak an England verkaf hunn (veuillez lire: verkaaft ginn ass), dann ass de Konsum bei deene Jonke ganz séier erfogaangen. A mir leie wäit ewech vun 8 Euro de Pak.

Ech géif mengen, dass an deenen... De Minister misst sech emol am Ministeschrot breetmaa-chen, fir dass d'Präisser gehuewe géife ginn. Dat wär op alle Fall... Ech kenne keng Initiativ, dass dat bis elo geschitt ass.

Dann hu mer den ekonomeschen Impakt op d'Akzise-Recetten, déi ëmmerhin 2012 bei 684 Milliounen waren, eleng fir den Tubak, wat 6,4% vun de Statsrecettë sinn. Déi Milliounen ginn héchstwahrscheinlech net all beienee verluer; ech hoffen net. An et ass ze hoffen, well mir

brauchen 250 bis 300 Milliounen Euro d'Joer, fir d'Schied vun Tubakkonsum hei zu Lëtze-buerg ze bezuelen. Dat ass eng konservativ Aschätzung. Ongeféier 15% vum Budget vun der CNS ginn an d'Konsequenze vum Tubak hei investéiert.

Ronn... Dat ass och scho gesot ginn: Mir hu ronn 130 déidlech Bronchial- a Longekriibser duerch d'Fëmmen hei zu Lëtzebuerg. Mer hunn der nach 35, 40 anerer pro Joer duerch aner Ursachen. 600 aner déidlech Krankhee-ten: Häerz, Kreeslaf, Kriibskrankheete vu Speise-röhre, Blos an ORL.

Dee grössere Problem, dee mer elo gesi kom-men ass BPCO, chronesch Bronchiten: e puer Dausend hei am Land, ëmmer méi Fraen, ëm-mer méi jonk Patienten, ëmmer méi Patienten ënner Sauerstoff. Dat muss ee sech och virstel-len. Dausenden Nütéen an de Spideeler duerch Surinfectiounen. An d'BPCO - chronesch Bron-chite - ass opgestiegen zur véierter Mortalitäts-ursach, véiert Stierflechkeetsursach. Den All-gemengzoustand vun deene Patienten ass net ze beneiden. Do kann ee se net bedauern. On ne tire pas sur l'ambulance, wéi d'Madame Giroud gesot huet fréier.

E Wuert zu där europäescher Tubaksdirektiv. Do wollt ech e puer Wuert soen. Firwat sollen déi Verpakunge standardiséiert ginn? Firwat d'Men-tholsigarette verbidden? Firwat de geschnid-denen Tubak net am Verkaf loosse? Do freet ee sech, wien d'EU schütze wëllt, ob dat den Netfëmmert ass oder verschidde grouss Tubaks-multinationaler, well se d'Nischeprodukter ewechhuelen.

An de Minister soll ons och e bëssen erklären, wat d'Positioun vun onser Regierung ass. Well dobaussen am Vollek gëtt behaupt, den Ekono-miesminister an d'Madame Méttelstandsminis-ter wäire mat lech net d'accord.

Här President, entschëllegt, dass ech elo direkt mam Minister hei schwätzen.

► **M. le Président.**- Dat ass net schlëmm.

► **M. Alexandre Krieps** (DP).- Jo. Och soll en erklären, wat d'EU-Kommissioun sech erwaart vun de Schockbiller. Well Dir wësst jo, déi Warntexter, déi op de Päck momentan stinn, dat liest kee Fëmmert säit éiweg net méi. An esou geet et och mat deene Biller, déi se elo wëllen do publizéieren.

Kréie mer, Här Minister, an der nächster Etapp e puer Fotoe vu Liewerzirrhosen oder Speise-röhre-Varicen op dem Grand Premier Cru vum Riesling oder op Crémantfläschchen? Dat ass héchstwahrscheinlech déi nächst Etapp. Gitt natierlech net op der Musel an d'Wahle mat deem Programm.

Déi europäesch Direktiv verfeelt total hiert Zil am Fong an där Hisiicht fir d'Netfëmmerten, well d'Italiener, d'Spuenier, d'Polen an och Däitschland gesinn dat genauso.

Ech wëll awer soen, fir dat e bëssen ofzefiede-ren, net dass Der elo awer mengt, ech géif d'Fëmmen hei verdeedegen...

► **Une voix.**- Hie mécht elo e kleng Spagat.

► **M. Alexandre Krieps** (DP).- Neen, neen. Ech maache keng Spagater. Ech sinn ze al dofir.

(Hilarité)

Mä déi berühmteste Medezinzäitschrëft huet net méi spéit wéi de leschte Mëttwoch, 26. Juni zwee grouss Artikeler publizéiert och iwwert dat Fëmmverbuet an iwwert dee Packaging. Well d'amerikanesch FDA huet dat scho jorelaang virgesinn, an elo huet d'„Supreme Court“ an Amerika dat ëmgestouss, d'Regulatiounen vun der FDA, wat de verlängerten Aarm vun der Re-gierung ass. Déi brauchen nämlech net méi elo déi Schockbiller do virzeweisen, well dat geet géint de Commerce vun der Industrie. Also, da gesi mer, wéi dat virugeet.

Ech soen awer der Eierlechkeet halber, dass am Januar vun dësem Joer an där nämlecher Zäit-schrëft dräi ganz destruktiv Artikeler géint d'Fëmmen waren an dass et ni ze spéit wär, fir opzehale mat Fëmmen. Ee Pak den Dag kascht een zéng Joer vum Liewen. Dat muss Der lech virun Aen halen. Mir wäiren och als Demokra-tesch Partei frou, wa mer an zwee, dräi Joer hei am Parlament e Bilan kéinte gezu kréien, wat dat do elo bruecht huet, wat dat hei Gesetz bruecht huet.

An ier ech dann ophalen, Här President, wëll ech vu ganzem Häerzen am Numm vun onser Frak-tioun der Madame Mutsch fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport Merci soen a fir hir gutt Prezidenz an der Kommissioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice.- Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Krieps. An als nächst Riednerin ass d'Madame Lorsché agedroen. Madame Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, d'Fëmmverbuet an de Bistroye suergt oft fir Emotiounen a souguer fir Laachen an der Chamber. Esou grouss wéi d'Freed bei deenen engen ass, esou grouss ass d'Roserei bei deenen aneren. U sech ass dat erstaunlech, well et ëm e Verbuet geet, wat eigentlech schonn an 20 aneren EU-Länner a Kraaft ass, scho laang ap-plizéiert an akzeptéiert gëtt. An Irland scho säit mëttlerweil néng Joer.

Lëtzebuerg huet och e Fëmmgesetz, mä leider nëmmen en halleft Fëmmgesetz. D'Gesetz vun 2006 war kee Volltreffer, Här Minister, well et d'Fëmmverbuet op Restauranten an op öffent-lech Gebaier limitéiert huet. Do, wou virun allem Jonker sech ophalen, wéi an den Discoen, de Caféeen, de Bistroyen, an de Fräizäitzentren, gëtt d'Fëmmen nach ëmmer als Normalitéit ugesinn, obschonn et vill Leit stéiert a krank mécht. Dat wësse mer alleguer.

D'Argumenter, déi fir dëst Gesetz schwätzen, si plausibel a vum wëssenschaftleche Standpunkt net ze widderleeën. Et ass eng Tatsaach, dass eleng an Europa 700.000 Mënschen un de Folge vum Fëmmen stierwen an engem Joer. An et ass och wëssenschaftlech bewisen, dass net nëmmen dat aktiivt Fëmmen, mä och d'passivt Fëmmen zu Häerzkrankheeten, Bronchi-ten, Hals- a Longeproblemer an zu Kriibserkran-kunge ka féieren. Meng Virriedner sinn drop agaangen.

Ech wëllt just e klengt Beispill ginn, wat rezent ass. An engem Lokal, an deem vill gefëmmt gëtt, läit de Gehalt vun dem toxische Feinstëbs bis zu 30-mol iwwert deem vun enger Strooss mat Schwiéerverkéier. Am Verglach zum Lokal, wou gefëmmt gëtt, ass d'Strooss scho bal en Erhuelungsgebiit. Dës Konkusioun ass kierlech vun engem Fuerscherteam zu Wien gezu ginn, an enger vun den eenzege Stied, wou d'Fëm-men an de Bistroyen nach erlaabt ass a wou ëm-mer méi Leit sech dergéint wieren.

Den Haaptentwurf vun dësem Gesetz besteet am Schutz virum Gëft, wat vun den Zigaretten aus-geet an d'Raumluft belascht. D'Gëft besteet aus bis zu 12.000 verschidde Substanzen, jee no Zigarette, vu Kuelemonoxid, Stéckstoffdioxid, Benzol, Formaldehyd, Blosaier, Methanol bis hin zu Rategëft an DDT. D'Fëmmerte gi mat dësem Gesetz forcéiert, Respekt a Verantwor-tung fir hir Matmënschen ze iwwerhuelen an d'Loft an de Raim propper ze halen.

Entgéint munche Behauptungen besteet den En-jeu vun dësem Gesetz also net am Iwwergrëff an d'Privatsphär vum Eenzelnen an och net an der Beschneidung vun der Fräiheet, fir ze fëm-men. Et geet och net drëms, déi Leit ze culpa-biliséieren, soulaang wéi se kengem schueden. Woubäi ech bei den Interessenskonflikter sinn, déi de Fortgang vun dësem Dossier laang blo-ckéiert hunn.

Konflikter tëscht deenen, déi fëmmen, an deenen, déi sech duerch d'Fëmm belästegt fillen, sinn net nei a meeschtens heftig. Virun allem stécht an der ganzer Diskussioun eppes eraus: De Konsum vum Tubak léisst sech net op säi Risiko fir d'Gesondheet reduzéieren. E gräift a Beräicher eran, déi net wëssenschaftlech er-faast ginn a virun allem mat der Liewensastel-lung an der Geeshteshaltung vun deem, dee fëmmt, ze dinn hunn.

«Je fume, donc je pense.», schreift e franséische Philosoph an engem Buch, wat heescht «Fumer tue», a mengt domat déi gedanklech Inspira-tioun, déi hie subjektiv beim Fëmmen erlieft an näischt anescht ass wéi eng Sucht. De perma-nent ageniwwelte fréiere Bundeskanzler Helmut Schmidt géif dat d'selwecht gesinn.

Den Auteur vum Buch schreift och, dass de Choix ze fëmmen, entgéint alle Grënn, fir net ze fëmmen, eng Fassong ass wéi eng aner, fir vun der metaphysescher Dimensioun vun der Existenz Gebrauch ze maachen. Dat kléngt vläicht héichtrabend, an awer ass eppes drun. D'Fëmmen ass net nëmmen en Akt vun Anoot-men an Ausootme vun Damp. De Konsum vum Tubak vermëttelt ville Leit eng Symbolik, déi iwwert déi steril Fro vun der Schiedlechkeet erausgeet.

Mat deene Wieder wëll ech doudsécher net dem Däiwel säin Affekot spillen an och kee Plädoyer fir d'Fëmmen halen. Ech menge just, dass den Tubak als eng vun den éischten im-portéierten a mondialiséierte Wueren zum Häerzstéck vun eiser Gesellschaft gehéiert a wahrscheinlech nimol ganz aus de Gewun-nechte verschwënnt, och wa mir eis dat virstel-len an eis dat wënschen.

Dat heescht awer net, dass de Stat sech eraus-zehalen huet. Ganz am Contraire.

De Stat muss dem Virsuergeprinzip Rechnung droen an e muss agräifen, wann d'Situatioun aus dem Rudder leeft. An dësem Fall heescht dat, d'Fräiheet vun deenen engen do ze be-grenzen, wou d'Gefor fir déi aner ufänkt. Schliesslech gräift de Stat och an, wann e

Chauffeur mat 200 km/h duerch eng Uertschaft rennt. An deem Fall gëtt dem Stat säin Agrëff als normal ugesinn, während d'Fëmmverbuet nach ëmmer op Onverständnis stéisst.

Spéitstens wann ee weess, wéi vill Krankheeten duerch d'Fëmmen entstinn a wéi héich d'Gefor fir schwanger Fraen, Kanner a Jonker ass, muss ee sech d'Fro stellen, wéi sou.

Als Lëtzeburger muss ee sech och froen, wéi-sou grad eist Land sech esou schwiéer gedoen huet, fir de Gesondheetsschutz konsequent op alle Plazen ëmzesetzen. Wéi sou ass nach ëm-mer net all Mënsch, net all Politiker an net emol all Dokter vun der Wichtigkeet vun engem Ge-setz ouni Ausnahm an ouni Schlupfloch iwwer-zeegt?

Net emol Dir, Här Minister, waart vun engem absolute Verbuet iwwerzeegt. An der Kommis-sioun hutt Dir eng Zäit Ar ganz Iwwerzee-gungskonscht agesat, fir de Memberen d'Aus-nahm fir Bistroyen ënner 60 m² schmackhaft ze maachen, mam Argument, dass jo dräi Joer méi spéit eng Evaluatioun kéint stattfannen, ouni dass dës Evaluatioun iwwerhaapt emol un eng Regel an un eng Sanktioun gebonne wär.

Datt mir eis domat zu de Prisonnéier vun enger Evaluatioun géife maachen, déi vun der Gonscht vun der nächster Regierung ofhängeg wier, war eng treffend Remarque vun engem Member vun der Kommissioun. Mä och dat Ar-gument huet näischt un Ärer Positioun geän-nert.

Als Gréng bedauere mir, dass d'Koalitionspart-ner net méi zustane bruecht hu wéi en hybri-den Text, deem zum Fiasko gefouert hätt, wär en a Kraaft getrueden.

Dofir soe mir haut léiwer dem Statsrot Merci. Et ass hien, deen de Projet de loi duerch seng Op-position formelle verbessert huet an d'Excep-tioun fir d'Bistroyen ënner 60 m² vum Dësch ge-kiert huet.

Donieft soe mer och der Madame Mutsch Merci fir hire Rapport, ëmsou méi well si et als Presidentin vun der Kommissioun net ëmmer einfach hat an tëschend de Fronte vun deenen engen an deenen aneren huet missen hin- an hierruderen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wou een de Wid-derstand géint dëst Gesetz e wéineg novollzéie kann, ass bei der liberaler Fraktioun, déi e Pro-blem huet, oder zumindest e puer Leit vun hin-nen, mat legalisteschen Tendenzen a mat der Iwwerreguléierung vun eiser Gesellschaft.

Déi Wieder huet de Xavier Bettel scho virun zwee Joer op dëser Plaz benotzt, wéi mäi Vir-gänger Jean Huss hei eng Motioun déposéiert huet, fir dëst Gesetz anzeféieren. Dat sinn zwee Joer hier. Den Här Krieps huet déi Wieder haut widerholl.

Dem Wiert de Choix ze loosse, ob en d'Fëm-men a sengem Bistroy verbitt oder net, ass fir eis keng Léisung, esou fräiheitsdenkend mir och sinn. U sech géif dat jo heeschen, dass mir iwwerhaapt keen neit Gesetz brauchen, well déi ongeschriwwene Regel scho längst besteet.

D'Praxis beweist awer, dass dee Modell sech, bis op eenzel Ausnahmen, net konnt durchset-zen. Zum Beispill hat Spuenien e Gesetz, wat dem Wiert d'Fräiheet gelooss huet. Dat Gesetz huet zum Chaos gefouert, ass amendéiert ginn a schlussendlech ass d'Verbuet op all Café ap-plizéiert ginn.

Fir eis ass et kloer, dass de Gesondheetsschutz iwwerall gläichermoosse muss gëllen, sou wéi een och net iwwert d'Autobunn fiert aus der Fräiheet, mat 300 Stonnekilometer ze rennen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wou een de Wid-derstand géint d'Gesetz am beschten novollzéie kann, ass natierlech bei de Produzenten an de Commerçanten, déi sech um Tubak eng gëllen Nues verdingen. Datt de Verkaufsdirekter vun der eenzeger Zigarettefabrik hei am Land bei dësem Gesetz panikéiert a grouss Pertë befäert, ass duerchaus verständlech an an der Logik vu sengem Geschäft.

Ech kann en awer berouegen. International Analysen hu bewisen, dass d'Recettë vun der Zigarettenindustrie trotz dem Fëmmverbuet an de Cafée stabil bliwwen sinn, och an der Belsch.

Do si souguer d'Recettë geklommen, well d'Zi-garettenhändler sech nom Akraafttriede vum Gesetz besonnesch schlaue ugeluecht hunn, fir hir Produiten ze vermaarten, an eng regelrecht Zigarettenoffensiv gestart hunn. Och dat stoung an der belscher Zeitung „Le Soir“, déi d'Madame Mutsch erwähnt huet, a widerleet dem Här Krieps seng Argumentatioun.

Och d'Behauptung, d'Zuel vun de Fëmmerte géif duerch dëst Gesetz an d'Luucht goen, ass net novollzéierbar. Déi Behauptung kënnt vum selwechten Direkter. De Reiz vum Fëmmen geet doudsécher net doduerch an d'Luucht, dass d'Leit de Bistroy musse verloossen oder an engem Dampzëmmer mussen isoléiert ginn.



Ech sinn domat bei de Fumoiere, wou d'Clientë weiderhin dierfe fëmmen. Mir gesinn an dëser Léisung en ongléckleche Kompromëss, deen d'Gesetz onnéidegerweis komplizéiert mécht, an dobäi wär et awer einfach gewiescht.

Mir denken, datt dës Raim marginal bleiwen, well se sech wahrscheinlech net rentéieren. Nieft der Infrastruktur muss schliesslech och e Ventilatiounssystem finanzéiert, bedriwwen an ënnerhale ginn.

Mir hoffen och, datt de Règlement grand-ducal, deen d'Fumoire konkret soll regelen, net esou verwässert wäert ausgesi wéi den éischten Text vum Projet de loi oder wéi deen ebe mat den Ausnahme fir d'Bistroen ënner 60 m². Zoutrëtsverbuet fir Männerjähreger ass dobäi e wichtege Punkt.

Fir d'Botzpersonal vun deene Raim stellt sech allerdéngs e Problem, deen net ze léisen ass.

Déi däitsch Kriibsstëftung an déi medezinesch Universitéit vu Wien weise kloer drop hin, datt déi bescht Belüftungsanlag kee Fëmmverbuet ersetzt. Déi schiedlech Substanze verdeele sech nämlech net nëmmen an der Loft, mä och un de Wänn, de Buedembeleg an de Miwwelen. D'Personal, wat dës Raim botzt, kënnt mat dëse Gëfter a Kontakt, ob et wëllt oder net.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wa mir d'Fumoire kritiséieren, gesi mer an dësem Gesetz e grouse Fortschritt a mir wäerten et och ënnerstëtzen. Et ass e Fortschritt, deen an der Kompetenz vum Gesondheetsminister läit, mä et gëtt e weidere Minister. Fir de Gesondheeschutz nach méi weiderzedreiwen, wéi mer elo sinn, a fir der wichteger Denormaliséierung vum Fëmmen an eiser Gesellschaft bäizedroen, steet en zweete Minister an der Verantwortung. Et ass de Finanzminister, deen zoustänneg ass fir d'Präispolitik an d'Taxatioun vun den Tubakprodukter. Leider ass den Här Frieden net hei a ka sech net dozou äusseren.

Déi ofschreckend Biller, déi an Zukunft op de Verpackunge musse gewise ginn, änneren näischt un hirem Präis. Wat d'Zigarette méi bëlleeg sinn, wat méi Leit fëmmen. Déi Gefor ass jiddefalls grouss. Behuewe gëtt déi Gefor eréischt, wann d'Zigarettepräisser massiv klammen, an net nëmme minimal. Dat zielt och fir d'Zigaretten, déi vun de Grenzgänger akaaft ginn an an d'Ausland exportéiert ginn. Dat si 85 bis 90% vun der gesamter Vente.

D'Vente un d'Grenzgänger bréngt eisem Land Recettë vun iwwer 400 Milliounen Euro d'Joer an. Dem Ausland bréngt se nëmme Misär. Dowéinst sinn eis Recetten äusserst contestabel. Engersäits mécht eis Präispolitik déi preventiv a Gesondheetspolitik vun den Nopeschlänner futti. Anerersäits exportéiert Lëtzebuerg d'Krankheet an d'Ausland a schlächt sech duerno aus der Verantwortung.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wann et ëm Preventioun geet, dierf de Stat sech net verstoppen, weder hanner sänge Recetten, nach hanner enger EU-Direktiv. Et mag ofschreckend wirken, wann d'Verpackunge mat grujeleche Biller bestéckt ginn a wann ee liese muss, datt den Tubak liewensgefierlech ass. D'Responsabilitéit gëtt domat op den Einzelnen iwwerdroen, deen den Tubak keeft. Mä wou bleift d'Responsabilitéit vum Stat, wann en ongestrooft d'Recetten op Produiten erhiewe kann, déi e selwer als liewensgefierlech unerkennt? An d'Industrie brauch näischt anescht ze maachen, wéi sech hannert der Kommunikatioun vum Stat ze verstoppen. Wie gëtt hei méi geschützt? De Konsument oder de Produzent mam Stat am Réck?

Als Gréng si mir jiddefalls frou feststellen, datt d'Zigaretten och ouni Schreckensbiller op de Päck längst u Belëiftheet agebéisst hunn. Am Laf vun zéng Joer ass den Undeel vun de Leit, déi fëmmen, vun iwwer 30 op 23 bis 17% zrëckgaang, an ëmmer méi Leit wëllen ophale mat Fëmmen. De fräiwëllegen Nikotinentzuch duerch Gesondheetserzéiung, duerch Informations- a Preventiounskampagnen an duerch Gesetzter huet ugefaangen ze wirken.

Als Gréng kënne mir nëmmen hoffen, datt dëst Gesetz nach méi Leit d'Loscht um Fëmmen verdierft. Virun allem deene Jonken, déi nach ëmmer méi vulnerabel si wéi déi eeler Generatioun. Och wa laut „Süddeutsche Zeitung“ munch agefleescht Fëmmerte sech iwwert de Kulturverloscht an de Bistroe bekloen, kënnen d'Gesellschaften änneren. Sief et an der Fro vun der Ekologie oder ebe beim Fëmmen. Dat geschitt net ëmmer schnell an net ruckaarteg. Et dauert Generatiounen. Déi Hoffnung gi mir jiddefalls net op. Dës Kéier mat der Ënnerstëtzung vum Jugendparlament, also der jonker Generatioun, an dank dem groussen Engagement vun der Fondation Cancer, déi hei muss erwähnt ginn, well se vill Aarbecht geleescht huet.

Ech soen Iech Merci.

► **M. le Président.**- Merci der Madame Lorsché. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här Präsident. Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech wëll och vun eiser Säit aus der Kollegin Lydia Mutsch Merci soe fir hire Rapport. D'ADR wäert eng aner Positioun zu dësem Projet de loi bezielen, mä fir eis ass et awer kloer, an dat wëll ech och viraus soen, datt d'Fëmmen doudsécher net gesond ass.

Op déi negativ Konsequenze vum Fëmmen brauch ech net weider anzegoen, dat hunn eng Rei vu menge Virriedner gemaach. D'Kriibskrankheeten an esou virun, dat ass, mengen ech, bewisen, datt dat gréisstendeels op d'Konsequenze vum Fëmmen zrëckzeféieren ass.

Et ass duerfir awer kloer, datt mir och soen, datt ee soll weiderfuere, mat Campagnen ze maachen, fir preventiv ze wirken. An ech mengen, wann een d'Statistike kuckt iwwer eng Rei vu Joren, da gesäit een, datt dat awer seng Friichte gedroen huet. An d'Madame Rapportrice huet et virdru gesot, datt mer haut op 17% erofgaange sinn. Dat ass en Zeechen, datt all déi Campagnen dach awer hir Wierkung gemaach hunn an datt een och domadder soll virufuere.

Mä ech mengen, datt och déi Schinn, déi mir als ADR wëlle fuere, datt een d'Leit wierklech informéiert iwwert d'Konsequenzen, déi d'Fëmm mat sech bréngt, mä mir sollen awer op där anerer Säit d'Fro vun deem Einzelne senger Fräiheet, déi muss een awer och als Stat respektéieren. An duerfir hu mir vun Ufank un an dëser Debatt ëmmer gesot, datt mer d'Fräiheet vun den Einzelnen an d'Fräiheet och vun dem Cafetier musse respektéieren. An et ass un hinne selwer, ze decidéieren, ob an hirem Café ka gefëmmt ginn oder net.

Mir hunn allerdéngs ëmmer gesot, datt et muss e ganz kloren Affichage ginn an de Caféen oder virun de Caféen, ob et e Café ass, wou gefëmmt dierf ginn oder net dierf gefëmmt ginn, soudatt jiddweree weess, deen erageet, wat dat bedeit. Ech mengen, wa mer... D'Leit hei am Land hunn ëmmer d'Tendenz, wann ee mat ville Leit schwätzt, an dat ass net falsch, datt lues a lues hei ëmmer méi d'Leit verbuede kréien. Datt deen Einzelne ka selwer bestëmmen, wat e wëllt maachen, dat gëtt ëmmer méi agëent.

Wa mer déi doten Theorie weider verfolge, da misste mer eis och muer Gedanke maachen, ob den Alkohol net misst verbuede ginn, well och den Alkohol huet vill negativ gesondheetlech Konsequenzen. Mir missten eis och iwwerleeën, ob d'Fett net misst erofgesat ginn, well och dat huet vill negativ Konsequenzen. A mir missten eis iwwerleeën, ob net och den Zockerverbrauch misst verbuede ginn, well och dat huet vill gesondheetlech negativ Konsequenzen.

Et kann een also net alles higoen a wat ee wëllt hei an dësem Land verbidden. Duerfir si mir...

(*Interruption*)

Här Gira, wann ech gelift, ech hunn déi aner och schwätze gelooss. Ech hunn...

► **M. le Président.**- Hei ech bidden Iech elo alleguer, dem Här Gibéryen nozelauschteren!

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech hunn nëmme fënnf Minutten, fir hei ze schwätzen, Här Präsident. Mir kënnen och elo net déi gréng hei déi ganzen Zäit ënnerbriechen.

(*Interruption*)

Et muss jo och nach Leit sinn, déi e Recht hei an deem Land hunn, eng aner Meenung ze hu wéi déi gréng, Här Gira. Da loosst dat och wann ech gelift esou zou!

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Ech hu kee Problem.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- An duerfir wëll ech ganz kloer soen, fir eis ass et net akzeptabel, datt mer als Stat ëmmer méi de Leit an och de Betriber virschreien, wat se dierfen a wat se net dierfen hunn.

Mir gesinn och duerfir, datt dat heite wäert eng Rei vun ekonomeschen negative Konsequenzen hunn. Et ass virdru gesot ginn, am Ausland wier dat jo gemaach ginn. Dat ass richtig. Mä et muss een dat awer och objektiv kucken.

An der Belsch zum Beispill ass kloer, dat konnt een nach virun zwee Méint an der Press nolesen: „L'interdiction de fumer dans l'horeca a l'effet d'une bombe dans le milieu.“, datt do am Fong d'Faillitë vun de Caféen ëm 38% opgrond vun dem Verbuet vun dem Fëmmen an d'Luucht gaange sinn. An ech mengen, och dat muss een da gesinn, datt mer hei am Land schonn e Rekord all Joers vu Faillitë kréien.

Mir hunn an den éischte sechs Méint dëst Joer scho 522 Failliten hei am Land gehat. 2010, also virun dräi Joer, hate mer an deenen éischte sechs Méint nëmmen 363 Failliten. Dat heescht, d'Regierung ass net à même, fir iwwerhaupt Moosnamen ze ergräfen, fir d'Failliten an de Grëff ze kréien, mä au con-

traire, hei maache mer Gesetzter, déi wäerten zur Konsequenz hunn, datt mer nach weider Faillitë wäerte kréien.

An datselwecht kann ech och soen, hei wäerten och Aarbechtsplazen um Spill stoen. D'Regierung bréngt et net fäerdeg, de Chômage an de Grëff ze kréien, mä se mécht awer nach Gesetzter, déi wäerten zum Resultat hunn, datt mer weider wäerte Chômageproblemer kréien.

Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och eng europäesch Direktiv amgaangen, wou mer wëssen, datt déi virun allem déi kleng Produzente wäert strofen, déi och zum Deel eng Nischepolitik gemaach hunn. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg nun emol eben och e Produzent vun Zigaretten, dee jo awer och Honnerte vu Leit beschäftegt an deen och mat Recht seet, wann déi Direktiv an där Form duerchgeet, dann ass dat fir e klenge Betrib, wéi mir hei zu Lëtzebuerg hunn, deen op eng Nischeproduktioun geziilt hischafft, wäert dat fir deen doudsécher och negativ Konsequenze kréien. Duerfir soll een och oppassen, wat op europäeschem Niveau erëm do gemaach gëtt, wat op eis zoukënn.

Also résuméiert: Mir wäerten dëse Projet de loi net stëmmen. Mir si fir d'Fräiheet vum eenzelne Bierger a mir sinn och fir d'Fräiheet vum Exploitant.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gibéryen. D'Wuert kritt elo den Här Colombero. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.**- Här Colombero, très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här Colombero, an elo keen...

► **M. Jean Colombero (Onofhängeg).**- Merci, Här Präsident. Neen, Här Di Bartolomeo, ech maache mäi Besch.

(*Hilarité*)

Fir d'Éischt emol e Merci un d'Madame Mutsch fir hire mündlechen a schrëftleche Rapport. Hei hu mer e Gesetz, wat relativ quokeleg ass, well et geet dorëms, dass de Stat d'Kollektivitéit beschützt - dat ass ganz wichteg - an op där anerer Säit, dass de Stat d'Fräiheet vun deem eenzelne Bierger garantéiert. An duerfir, all Gesetz, wat an déi Richtung geet, ass mat Kontradiktione begleet. An duerfir muss een hei e bësse méi objektiv diskutéieren.

► **Une voix.**- Nach méi?!

► **M. Jean Colombero (Onofhängeg).**- E ganz objektiv Diskutéieren. Ech mengen, et muss een d'Ursaache behandelen, an net eleng d'Symptomer. Mat dësem Gesetz gëtt d'Fëmmen an de Cafée verbueden, an den Diskothéiken och, wat jo verständlech ass, well de bloen Dampf mat engem ganz héije Risiko verbonnen ass, dat kann ee verstoen.

Op där anerer Säit verdéngt de Stat sech eng ganz gëllen Nues, a wéi vill Milliarden hu se scho verdéngt mat den Akzisen eleng op dem Fëmmen? An et wär wichteg gewiescht, wann een déi Sue geholl hätt, wann een e spezielle Fong gegrennt hätt, ee Preventivfong gegrennt hätt, wou een dann hätt kënne Krankheeten domat praktesch finanzéieren, all déi Krankheeten, déi do erauskommen, an awer och preventiv fir d'Jugend sech staarkgemaach hätt. Dat wär fir mech ganz wichteg gewiescht, wann een dat vun Ufank u gemaach hätt.

Mä dat kann een nach ëmmer maachen, wéi gesot. Dat ass fir mech dee wichtigste Message, dass een do awer, wann een op dee Wee geet, dann awer och muss konsequenterweis aneschtens Politik maachen.

D'Question ass, fir ze wëssen: Ass den Tubak, sinn d'Zigarette geféierlech? De Christoph Kolumbus huet 1492, wéi en Amerika entdeckt huet, den Tubak mat an Europa bruecht. Den Tubak ass deemools vun Indios gebraucht gi fir medezinesch Zwecker - dat dierf een net vergiessen -, awer och fir magesch Zwecker. Dat heescht, si hunn den Tubak giess - net gefëmmt, giess - an och inhaléiert fir medezinesch Zwecker, awer och fir eng Bewosstsäinserweierung ze hunn.

An anere Wieder, Tubak mam Nikotin, deen dran ass, ass als eng Form vun Drog ugesi ginn. An eng Drog, eng psychoaktiv Drog, déi huet als Sënn, fir d'Bewosstsäin ze erweieren. Dat war hir Meenung. Dat ass och ursprénglech esou, wéi et ass.

Dunn, wéi mer hei Tubak ugebaut hunn, ass dann den Hauptproblem komm, nämlech du sinn aus dem Tubak Zigaretten entstanen, an Zigaretten u sech, d'Niewewierkung vun den Zigaretten ass, dass dat chemesch Bomme sinn.

► **Une voix.**- Ah, très bien!

► **M. Jean Colombero (Onofhängeg).**- Dat heescht, wann Tubak ugebaut gëtt, bei der Produktioun, bei der Veraarbechtung, awer och bei der Combustioun entsti 4.000, 5.000 che-

mesch Elementer, an et ass grad dat, wat geféierlech ass.

Beim Ubau gëtt zum Beispill DDT gebraucht, wat mer hei an Europa zënter 1970 net méi gebraucht hunn, dee fanne mer dann an den Zigaretten erëm. Wa mer dann déi aner Elementer kucken, d'Madame Mutsch huet gesot: Arsen, dat ass e Gëft; Ammoniak, e Rengegungsmëttel; Aceton, en Nagellackentferner; Benzol, dat fanne mer am Bensin; Butan, dat fanne mer bei de Briqueten; Kuelemonoxid, dat ass bei den Autosofgasen; DTT wéi gesot; Polonium, radioaktiv Substanz; Toluol, Sprengstoff bei TNT. Ech mengen, dat huet awer wierklech guer näischt an Zigarette verluer.

An duerfir, wa mer eppes wëlle konkret maachen, da muss mer dohinner bei d'Hiersteller goen an deenen da gewësse Regeln octroyéieren an deem Sënn, dass déi Leit dann einfach ethesch handele mussen. Nämlech si mussen emol allegueren déi Zousätz, déi an d'Zigaretten kommen, dat misst da verbuede ginn. Ech mengen, dat wär déi eenzeg Approche, déi hei valabel ass.

Firwat? Well den Tubak u sech, wéi gesot, per se, nach net esou geféierlech ass. D'Madame Mutsch huet gesot, Nikotin, dat wär extrem gëfteg. Jo, mä Nikotin dierf net als isoléierte Faktor ugekuckt ginn. Am Tubak ass net eleng Nikotin, mä do sinn aner Substanzen dran. An do kënnt den Nikotin net esou zum Virschäin, wéi dat esou hei behaupt gëtt.

Wat schlëmm ass, wéi gesot, ass den Zousatz, dee mer an den Zigarette fannen. An duerfir muss mer d'Industrie dozou bréngen, fir eben déi Zousätz do ewechzekeréien. Wa mer dat fäerdegkréien, da géif ech soen, da wäer mer schonn e bëssen der Wourecht méi no.

An ech fannen dat, wéi gesot, déi Logik, déi mer hei uwend mam Tubak, dee soll dann eng Drog sinn, eng legaliséiert Drog, eng psychoaktiv Drog. Firwat behandle mer den Tubak dann aneschtens wéi de Cannabis? Nëmme fir ze soen, Cannabis u sech ass par rapport zum Tubak ee Massendénger! Dat dierf een net vergiessen. Tubak ass vill méi schlëmm an der Kompositioun, wéi et elo an der Zigarette ass.

An dobäi wëll ech nach derbäisoen, dass d'Zigarette u sech, dat Blietchen, dat wäisst Blietchen, et ass „chlorgebleichtes Papier“, wéi ee seet. Dat ass extrem geféierlech. Wann een elo Tubak an Tubak hält, zum Beispill et fëmmt een eng Cigarillo oder Tubak an der Päif, dat ass eppes ganz aneschtens. Dat si manner Niewewierkunge wéi d'Zigarette, well eben och schonn dat wäisst Blietchen och ganz vill Niewewierkunge mat sech bréngt.

Et ass geschwat gi fir d'Verdeierung an de Verbuet vun den Zigaretten. D'Verdeierung, ech mengen, dat wär falsch. De Verbuet och. Firwat? Well de Verbuet u sech, dat féiert zu engem Schwaarzmaart. D'Zigarette kommen duerch eng aner Schinn eran, an et weess een net, ob dat dann dee Moment nach..., et kann een net méi garantéieren, wat do passéiert. Also kee Verbuet, op kee Fall. Wann een dat wëllt verbidden, dann, mengen ech, si mer op der falscher Schinn, an dann ass dat net de Sënn vun dësem Projet hei.

Wat mer musse maachen, ass onbedéngt, wéi gesot, d'Preventioun förderen. An dat wär mat engem Preventiounsfong da garantéiert.

Här Präsident, dat gesot, ech mengen och als Dokter wäert ech da fir dëse Projet stëmmen. Ech hu meng Bedenken, wat d'Zigaretten ugeet, mä wa mer kéinten op eng aner Schinn fuere, wéi gesot, dass mer den Hiersteller géife forcéieren, op déi Zousätz ze verzichten, da wäer mer ee Schratt méi wäit.

Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Als nächst Riednerin ass d'Madame Nancy Arendt agedroen. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Merci, Här Präsident. Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, jiddweree vun eis heibannen huet esou Sujeten, déi engem besonnesch um Häerz leien a wou ee sech besonnesch derfir asetzt. Meeschtendeels, well ee wierklech déif bannendra vun eppes iwwerzeegt ass an ee mengt, déi beschten Argumenter op senger Säit ze hunn, a well een eppes verbessere wëllt.

Haut, léif Kolleegen a Kolleeginnen heibannen, setze mer en Zeechen, well haut weise mir als Parlament eise Wëllen, d'Gesondheet a virun allem d'Gesondheet vun eise Kanner als dat wichtigst Kapital vum Mënsch unzegesinn.



Et war keng einfach Etapp, mä mir hu se gepackt. An ech soen all deene Merci, déi hei matgekämpft hunn an op deene verschiddens-ten Niveaue matgehollef hunn. Seele gött esou e Sujet, wéi dat heiten, esou kontrovers diskutéiert. An dat ass och normal, well jiddweree vun eis ass beträff: déi, wou fëmmen, an déi, wou et net maachen. A jiddweree verteidegt seng Fräiheet.

Et kann een och net einfach jiddwerengem recht ginn, well bei dëser Thematik, do gött et leider kee Mateneen. Do gött et héchstens en ofgetrenntent Niewenteneen. Well deem enge seng Fräiheet schränkt deem anere seng Fräi-heet an. An da muss ee sech fir déi eng oder fir déi aner entscheiden. A spéitstens da gehéiert och politesche Courage dozou, well nëmmen duerch d'Aschränkung vun deem enge senger Fräiheet een deem anere seng verbessere kann.

Här President, et ass mer wichteg ze soen, datt et hei guer net drëms geet, datt een net méi fëmmen därf. Déi Meesch si grouss an al ge-nuch, selwer ze entscheiden, weini an och wéi vill se dëser Gloscht wëllen nogoen. Et geet hei ëm all déi Jonk, déi net sollen ufänke mat Fëm-men, an ëm de Wou gefëmmt ka ginn. Et ass wichteg, e klore Message un déi Jonk ze ginn an déi Plazen, wou därf gefëmmt ginn, anze-schränken. Strategesch Plazen, wou Jonker ex-posediert sinn an d'Gefor lafen, unzefänke mat fëmmen. Well mir wësse jo all, wann ee bis ugefaangen huet mat Fëmmen, wéi schwéier et ass, nees opzehalen.

Firwat ass et dann esou schwéier, nees opzеха-len? Dat regelméisseg Fëmmen ass ganz kloer - an dat kann een einfach net méi ver-harmlosen, an d'Doktere confirméieren eis dat jo och - eng Krankheet, et ass eng Sucht an et ass gewollt, datt een ofhängeg gött. Et gött nämlech speziell - et ass virdru schonn ugeklonge vun der Madame Rapportrice - Am-moniak an d'Zigarette bäigemëscht, eng Subs-tanz, déi ausmécht, datt den Nikotin vill méi staark a méi schnell vun de Gehirzellen opge-holl gött an d'Gloscht op déi nächst Zigarett steigert.

Ech war scho viru siwe Joer beim Antitubakge-setz ganz am Detail op dës Thematik agaangen, wéi d'Zigarettenindustrie gezielt sech uleet, d'Sucht ze fördern a fir virun allem bei deene Jonken ze rekrutéieren.

Wat d'Altersgruppen ubelaangt, sinn et jo virun allem déi Jonk tëscht 25 a 34, déi am meeschte fëmmen - mat 30%. D'Madame Mutsch huet nach virdru eng Kéier genau erwähnt, wat d'Kanner ëmmer méi jonk ginn, fir unzefänke mat Fëmmen. An dofir ass et gradesou wichteg, déi Plaze fëmmfräi ze maachen, wou dës Gewunnechten entstinn.

Et ass de Message an d'Richtlinn, déi villen Elteren esou wichteg ass. Et därf keen aneren ze sinn, wéi datt mer alles musse maachen, de Jonken ze vermëttelen, datt et eben net okay ass, ze fëmmen, an opzeklären, ze sensibiliséieren an ze informéieren, wat alles an enger Zi-garett dran ass an datt et mat Sécherheet Kon-sequenzen op d'Gesondheet vun hinnen an och hire Kollege wäert hunn.

Fréier war de Message deen, datt et cool war, ze fëmmen. Et huet ee sech och näischt Schlechtes derbäi geduecht. D'Reklammen hu gewisen, wann ee fëmmt, dann ass ee fräi, dann ass een erwuesen, dann ass een onofhän-geg, dann huet kee méi engem eppes ze soen. D'Tubakindustrie wosst ze vermëttelen, datt een nëmmen Spaass oder en Erliefnes huet, wann een eng Zigarett an der Täscht hätt. Mir erënnere eis un d'Bild vum Cowboy, deen op sengem Päerd locker mat der Zigarett dem Sonnenënnergang entgéintgeridden ass; d'Zi-garettmarque, ech soe se elo net, „der Ge-schmack von Freiheit und Abenteuer“.

Fréier wosste mer net, wat alles dra wär, an et ass och schwéier novollzéibar, well wann ee fëmmt, da mierkt ee jo och net, wat direkt dran ass an et spiert een et och net direkt. Haut wësse mer, datt den Tubak responsabel ass fir 90% vun de Longekriibsen an 89% vun de chronesche Bronchiten.

Här President, elo komme mer bei den eigent-leche Problem vun der Diskussioun. D'Fëmmen ass nämlech keng Sucht wéi déi aner. Den Här Gibéryen ass elo leider net do. Den Enner-scheed, deen et mam Fëmmen gött, zu all deenen anere schlechte Gewunnechten, ass nämlech deen, datt een et net selwer maache muss, fir awer all déi negativ Konsequenze mat-zedroen.

Mir kënnen et also net an dat nämlecht Dëppe geheien, wéi den Alkohol an dat fettgett lessen oder den Zocker, vun deenen den Här Gibéryen

elo grad geschwat huet, well wann ee fëmmt, da fëmmt deen niewendru mat. Et huet eng di-rekt Konsequenz op mäin Noper. Dat wär also esou, wéi wann ech de Patt drénken an den Här Gibéryen gött voll.

► **Une voix.**- Aaahhh!

(Brouhaha)

► **Mme Nancy Arendt** (CSV).- En plus ass dee Raum, wou gefëmmt gött, permanent mat deem bloen Dampf belascht. Et ass also net nëmme während der Zäit, wou ee fëmmt, mä et fëmmt ee passiv stonnelaang mat.

Et ass eng Recherche gemaach ginn, „Lifting the smokescreen“, vun der European Respira-tory Society, Cancer Research UK an dem Insti-tut National du Cancer en France, déi sech op déi aner europäesch Länner reflektéiert. An déi kommen zur Konkusioun, datt mir hei an ei-sem kleng Land all Joers eng 500 bis 600 Stierffäll hunn, déi op d'Konsequenze vum Fëmmen zrëckzeféiere sinn.

Ongeféier 80 dovunner stierwen net, well se selwer fëmmen, mä well se dem passive Fëmmen regelméisseg ausgesat sinn. A mir sinn den On-kologen, de Pneumologen, den Neurologen, de Pädiatern an de Kardiologen dankbar fir hir daitlech Aussoen an dëser Matière, déi wëssen-schaftlech bewise Chifferen op den Dësch ge-luecht hunn, wat geschitt, wann een dëse kriibserregenden Dampf regelméisseg ano-temt. Den Netfëmmert huet bis zu 25% méi Risiko, Longekriibis ze kréien, an de Risiko vun den Häerzkrankheete klëmmt ëm souguer 35%, dicht gefollegt vun de Schlagufäll.

Et geet hei also net just ëm dat sténkegt Gezei, wann een aus der Wertschaft kënnt, neen, et geet hei ëm Kriibis, et geet ëm Asthma, et geet ëm Bronchiten, et geet ëm Longenentzündun-gen, ëm Häerzattacken, ëm Hireschléi, ëm Fréi-gebueren - et ass virdru ugeklongen -, déi voll an den Täsche vun dësem sténkege Gezei mat dräsetzen.

Här President, „The Lancet“, eng weltuner-kannten Zeitung fir medezinesch Recherche, huet den 8. Januar 2011 eng Etüd publizéiert: „Worldwide burden of disease from exposure to second-hand smoke“.

Et ass eng retrospektiv Analys mat Dateien, déi eng international Aarbechtsgrupp aus 192 Län-ner ënnersicht huet, fir d'Ausmooss vun duerch d'passiiv Fëmmen bedéngte Krankheets- oder Doudesfäll duerzeleeën. D'Resultater sinn erschreckend!

Dës Recherche ass zur Konkusioun komm, datt all Joer 600.000 Mënsche weltwäit stierwen duerch d'Konsequenze vum passive Fëmmen. Dovunner 379.000 duerch Erkrankunge vun Häerzkranzgefässer, 165.000 duerch Infek-tiounen vun Otemweeër, 36.900 duerch Asthma an 214.000 vum Longekriibis.

Dat entsprécht ongeféier 1% vun der weltwäi-ter Bevölkerung, wuel bemierkt net doduerch, datt ee selwer fëmmt, mä just regelméisseg matfëmmt.

47% dëser Doudesfäll treffen op Fraen, 28% op Kanner zou. Et si si, déi am meeschte beträff sinn, vum Fëmmen ouni ze fëmmen. D'Zuele sinn also méi wéi alarmant an et gött einfach Grond genuch fir eng weider Aschränkung vun de Plazen, wou nach därf gefëmmt ginn.

Här President, zum Gesetz selwer wëll ech just dat heite soen: Et kann net sinn, datt mer d'Ca-féé verschidde behandelen. Et geet net, deemno wéi grouss oder kleng e Café ass, ze décidéieren, ob nach gefëmmt därf ginn oder net. Et géif eng Concurrence déloyale tëschent de Caféé mat sech bréngen. An et géif, mat Recht, wéi et schonn an der Belsch an an anere Länner geschitt ass, zu Prozesser kommen, a wou esou Ausnahmen, fir ze fëmmen, erëm an-nuléiert géife ginn. Et wier en plus schwéier ze kontrolléieren an et wär e falsche Message un déi Jonk.

D'Iddi vun de Fumoire bleift, an do schwätzen ech a mengem perséinlechen Numm, awer och en Investissement ouni Garantie. D'Fro ass be-rechtegt, wéi grouss d'iwwerliwenschance vun esou zouene Raim wäerte sinn, och wa se ven-tiléiert sinn a wou Schëlde drop hiweise wäer-ten, esou wéi de Statsrot dëst a sengem Avis proposéiert huet, datt ee sech elo an esou en ongesonde Beräich begëtt. Virun allem, wann ee gesäit, a wat fir eng Richtung scho vill aner Länner sech beweegt hunn, fir souguer dobaus-sen Espacen ze limitéieren, deemno wou se sinn, mat fëmmfräi iwwerdeckten oder net iwwerdeckte Sportsribünen, Terrassen, Parken, Golfterrainen a Stränn.

Här President, ech wëilt der Rapportrice, der Madame Mutsch, gären e grouse Merci soe fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport - esou wéi mir dat souwisou vun hir gewinnt sinn.

Mir sinn hir dankbar, datt se kloergemaach huet, datt all déi artificiell Zeltannexe vun de

Caféen och ënner eist Gesetz falen, gradesou wéi d'Zeltfester am Allgemengen. An dat och elo besser geregelt gött, datt een net méi am Agank vun de Spideeler, mä an engem ugewi-sene Beräich, wäit ewech vum Agank fëmmen däerf. Well dat och net ëmmer e flott Bild ofgëtt, wann een an eng Institutioun erageet, wou een hoffentlech soll gesond gemaach ginn, an dann an der Entrée, oder an der Sor-tie, schonn engem de bloen Dampf entgéint-kënnt.

Leif Kollegen a Kolleginnen, et ass onofstreit-bar: Fëmmverbueder rette Liewen!

Et gött ëmmer méi Etüden, déi beweisen, datt, wann eng Antitubaklégiatioun a sengem Land a Kraaft getrueden ass, eng substanzuell Verbes-serung vun de Krankheetsbiller agetrueden ass, déi dicht vernetzt si mam aktiven oder passive Fëmmen. Wat se méi strikt war, wat d'Verbes-serunge besser waren.

Zu där Konkusioun kënnt déi weltgréisste Stu-die, déi iwwer d'Tubaksverbueder gemaach ginn ass. An déi 3,7 Milliounen däitsch Spidols-akten - d'Madame Mutsch huet et och schonn erwähnt an hirer Ried - tëschent dem Ufank 2004 an dem Enn 2008, nodeem hiert Fëmm-verbuet..., a si hunn nach bei wäitem net dat strikt an all Bundesland, a wou se och fest-gehalen hunn, datt d'Häerzattacken ëm 8% gefall sinn, scho sechs Méint nom Akraafttrie-den.

Studien aus anere Länner beweisen, datt, wou méi e strikt Fëmmgesetz existéiert, de Prozent-saz nach daitlech méi héich ass an d'Resultater bis zu 20% manner Häerzattacken ze verzeeh-nen hunn. Et gött och beluecht, wéi vill Käschte vum Gesondheitssektor kéinte gespuert ginn, eleng schonn nëmmen duerch d'Senkung vun der Zuel vun de Spidolsakten. Wann een elo nach d'Erspuernisser derbärechent, duerch manner Krankeschäiner a Rehabilitatioun, da komme mir op enorm Chifferen. Wann ee be-denkt, datt an Däitschland eleng nëmmen de Produktionsausfall vun engem eenzegem Häerzinfarkt op 20.000 Euro geschat gött.

Haut wësse mer och, datt an deene Länner, wou Fëmmverbueder op der Aarbechtsplaz an an öffentleche Gebaier sinn, vill manner bei de Kanner, an den Autoen an och doheem privat gefëmmt gött, obschonn ëmmer de Contraire behaupt gouv. Well mat dësem Verbuet e klore Message un d'Gesellschaft dobausse gOUNG an esou automatesch mat sensibiliséiert ginn ass. D'Enn vun der Toleranz ass also den Ufank vun der Rücksicht.

Eng ganz grouss Majoritéit vun de Mënschen, déi hei am Land wunnen, sprieche sech fir Raim ouni Dampf aus. E Sondage, deen am Joer 2011 vun der TNS ILReS zu Lëtzebuerg duerchgefou-ert ginn ass, mat 6.061 Leit, weist, datt hei bei eis nach just 23% fëmmen. Vun deene wëllen der 13% gären ophalen, mä si packen et awer net. An nach weider 4%, déi eigentlech gären et fäerdegbréngen, manner ze fëmmen.

Et bleiwen also just 6% vun eisen Awunner, déi zefridde si mat hire Fëmmgewunnechten. An ech froe mech wierklech, wéi vill vun hinne sech schonn eng Kéier geduecht hunn oder zu-mindest gewënscht hunn, datt se ni ugefaan-gen hätte mat Fëmmen.

D'Zukunft gehéiert der Gesondheet. Mir sollten hir positiv entgéintkucken an de Cafetiere ver-mëttelen, si sollte sech och emol op déi iwwer 87% potenziell Clientë freeën, déi hei am Land wunnen an déi sech gestéiert spiere vun dësem bloen Dampf.

Zu New York hunn, säit dem strikten Aféiere vun hirem Antitubakgesetz, zweemol méi Ca-féen opgemaach wéi zougemaach. Irland hat dee gréisste Boom am Tourismus déi Joren, no-deem se d'Ca-féé fräigemaach hunn.

Dat hei am Land vill zitéierte belscht Beispill ba-séiert op falsche Chifferen - d'Madame Mutsch huet et och scho gesot -, déi vun der Tubaksin-dustrie an d'Welt gesat gi sinn. Well wann een nämlech déi richtig Zuele kuckt vum belsche Statec an déi vun hirer TVA, da stellt ee fest, datt d'Cafésunzel an der Belsch scho säit deene leschte 17 Joer am Sturzflug ass, an dat scho laang virum Akraafttriede vun hirem Anti-tubakgesetz, well einfach vill manner Béier ge-dronk gött zënter Joren. A witzegerweis ass an hirem éischte fëmmfräie Joer erëm déi éischte Kéier nees méi Béier verkaaft ginn.

Et kann och net sinn, datt een a senger Analys just déi Caféen opzielt, déi zoumaachen, an et vergësst een, an der nämlecher Etüd déi ze erwähnen, déi zougemaach hunn, well se reno-véiert hunn, a kuerz drop erëm opgemaach hunn.

Panikmaacherei hëlleft also absolut näischt, well mir hunn einfach ze vill positiv Beispiller an der ganzer Welt a virun allem och ëmmer méi, iwwer 20 Länner an Europa. Mir si bal déi Aller-lescht, op der 29. Plaz vun 33 an Europa, Schlusslicht souzese wat d'Antitubakmooss-

namen ubelaangt. Och dat ass kee positiven Image fir e Land, wat ëmmer méi op Tourismus setzt.

Loosse mer et dach emol méi positiv kucken an de Wiertsleit Mutt maachen, elo flott nei mo-dern Caféé vun der Zukunft ze maachen, esou wéi se iwwerall op der Welt mat der gréisster Zefriddenheet fonctionnéieren.

Zum Schluss wollt ech just eng Fro un de Mi-nister stellen, wann et erlaabt ass, wat d'Ëm-setzung vun der Modifikatioun vum Projet de loi ubelaangt. Et ass virgesinn, datt se den 1. Januar a Kraaft trëtt - souzeseen als neie Virsaz hoffentlech, fir deen een oder aneren ze moti-véieren, e gesonden Ufank direkt ze starten.

Mä wéi gesäit dat am Prakteschen aus mat der Ëmsetzung vun de Caféen? Do gött jo da bis zwielef Auer, huelen ech un, gefëmmt, wahr-scheinlech gefëmmt. Ginn do vläicht Richtlin-nen un d'Caféen eraus? Oder wéi gesäit dat aus? Musse se um zwielef ophale mat Fëmmen? Wéi hat Der dat geduecht, Här Minister? Kéint Der eis do vläicht Prezisioune ginn?

An ech soen lech da Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Arendt. An als leschte Riedner ass den Här Bet-tel agedroen. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Merci, Här Pre-sident. Ech wëll direkt hei soen, dass ech, bei deene meeschte Riedner, déi déi ganzen Zäit vun Toleranz, vu Rücksicht, vun Intoleranz, vun Netrespektéiere vun hei oder vun do, ech muss soen, dass ech et just traureg fannen, dass een d'Gefill kritt, dass hei en Text ass, deen d'Gesell-schaft an zwee soll splécken: d'Fëmmerten an d'Netfëmmerten. Dat ass bestëmmt net, firwat deen Text gemaach ginn ass, fir deen ee géint deen aneren opzestëppelen oder fir deen een oder deen aneren ze stigmatiséieren.

Ech muss lech och soen, fir eis Partei wor et net einfach, mir hu laang driwwer diskutéiert. Well, wat den Här Gibéryen virdru gesot huet iwwert déi Texter, wou een ëmmer méi de Leit verbitt, Texter sinn, déi net grouss Sympathien an eise Reien hunn, an dass ee sech d'Fro gestallt huet: Wier dann eng Fakultéit fir deen een oder anere Café, fir déi eng Mesure ze huelen, net vläicht eng aner Méiglechkeet gewiescht?

Mä mir gesinn d'Resultat. Mir gesinn d'Resultat am Moment, dass et ganz weineng Caféé gött, déi et gemaach hunn. A si hate jo d'Fakultéit. An ech mengen, wann een de Restaurateuren och deemools vläicht d'Fakultéit gelooss hätt, wiere vläicht haut nach ëmmer ganz weineng Restaurants, déi et gemaach hätten. Mä et ass meng perséinlech Meinung, dass een heiansdo net derlaanschtkënnt, fir vläicht déi eng oder déi aner méi strikt Mesure ze huelen, wéi de Leit einfach eng Méiglechkeet ze loosse.

Obwuel een awer muss insistéieren - an et ass eng Realitéit: Ganz vill Restaurateuren oder Ca-fetieren, déi elo scho wëllen e Fumoir installéieren, am Ministère net déi néideg Informa-tiounen, Piste kritt hunn, hu se mir matgedeelt oder deem engen oder anere bei eis an der Fraktioun. Dowéinst ass et immens wichteg elo, dass no dem heite Vote vun deem heiten Text...

Ma voilà, ech fannen dat super, wann Der dat och hutt,...

(Nuisances sonores dues à des interférences techniques)

...eng Note, déi préparéiert ass, wou een de Cafetiere ka soen, hei esou ass et, esou geet et an esou muss et gemaach ginn.

Ech sinn och frou, ech mengen, den Här Mini-ster hat et net ëmmer einfach. An ech mengen, d'Madame Arendt och an hirer Partei huet en haarde Kampf am Süde gehat um leschte Kon-gress. Souguer deen een op Lifestream konnt kucken. Do huet ee gemierkt, wéi d'Madame Arendt eleng an hirer Partei stoung.

An ech si frou,...

► **Une voix.**- Neen, net eleng!

(Interruptions diverses)

► **M. Xavier Bettel** (DP).- ...dass de Ge-sondheitsminister...

Oh, ech hunn op jidde Fall... De Parteipresident huet deemools hir Meinung net gedeelt, hat ech d'Gefill. Ech weess et net, ech ka mech ireden.

(Brouhaha général)

Ech ka mech ireden. Ech hat verstanen, wéi wann den Här Wolter net där Meinung war, awer d'Madame Arendt sech duerchgesat kritt huet. Ech gesinn op jidde Fall, dass de Minister et och net ëmmer einfach hat. An ech mengen, et ass wichteg, dass deen Text, deen en déposéiert huet, och deen ass, dee mer haut ze stëmmen hunn.



Här President, et sinn nach just e puer Froen, déi ech mer stellen. Hei ass och scho vun Zue-len... Ech wëll kee Krich hei vun Zuelen, wéi vill Leit, wéi vill Caféen elo zougemaach hunn, wéi vill hei a wéi vill do. Kommt, mir sinn eis eens, dass dee klenge Bistro typique, deen um Eck vläicht war, wou d'Leit de ganzen Owend Kaarte gespillt hunn, eppes gedronk hunn an do eng gefëmmt hunn, déi Clientèle verschwénnt vläicht. Déi Clientèle verschwénnt.

Et brauch een net ze mengen, dass déi dann nach ëmmer do ass, wa se de ganzen Dag am Bistro verbruecht huet. Oder si ginn eraus eng fëmmen, oder Dir zitt vläicht eng aner Clientèle an de Bistro eran, déi bis elo net an de Bistro gaange sinn, well se justement vläicht net wollten am Dampf sinn. Il faut voir. Mä et soll een net soen, dass et guer keen Impakt huet. Dat ass och falsch.

Mä et huet och aner Impakter, déi een net sollt vergiessen. An ech gesinn och ganz vill Responsabellere hei vu Gemengen. Dat gëtt e Problem, dee mer kréie mat den Nuisances sonores. Well ganz vill Etablissementer wäerte vläicht déi eng oder déi aner Entlüftung net maachen an de Fumoir net maachen. An ech deelen och net d'Meenung vun der Vertrieederin vun deene Gréngen, déi gesot huet, d'Fumoire wieren net nécessaire.

Dat geet am Ausland ganz gutt. Et muss jo keen an e Fumoir goen! Deen, dee wëllt eng fëmmen goen, ka jo an de Fumoir goen. D'Personal geet net do eran. Si brauchen net do ze zerwieren. Mä firwat wëllen engem ze refusieren, wann en dat aménagéiert huet, e Fumoir, fir deem ze soen: „Neen, du hues iwverhaupt hei näischt verluer. Du hues heibanne keng ze fëmmen an du muss eraus fëmmen goen!“, wann e Fumoir bewisen huet, dass e wierkt? Ech mengen, et soll ee wierklech net déi Hetz an déi Stigmatisatioun ee géint deen aneren och maachen.

Mä wat ech wollt soen: Den Tapage nocturne gëtt e Problem. Den Tapage nocturne gëtt e Problem, well ganz vill Etablissementer vläicht kee Fumoir maachen, well se net déi Plaz hunn, an déi Leit dann ab enger gewëssener Zäit hir Zigaretten virun d'Fier fëmmen ginn. An do kréie mer dann ab 10, 11 Auer, menger Meenung no, vill Reklamatiounen.

An erlaabt mer, dass ech déi aner Kap undinn, déi ech och nach hunn hei als Stater Buergermeeschter, an iwverzeegt sinn, dass d'Reklamatioun vun den Nopere wëinst dem Kaméidi an der Strooss op deene Plazen, wou vill Bistroe sinn, wäerten héich an d'Luucht goen! Wäerten héich an d'Luucht goen, well deen een oder deen aneren eraus fëmmen geet.

Déi aner Saach... Mä do muss eben d'Gemeng dann decidieren, wat ze maachen ass. An dat bréngt vläicht mat sech, andeems de Buergermeeschter ka soen, dass et e Problem gëtt mat Troubles de voisinage, dass da vläicht e Fumoir néideg ass.

Ech muss och soen, dass et am Ausland fonctionnéiert huet. Jiddwereen huet jo, an Italien an England, jiddwereen huet geduecht, dat ka jo net an deene Länner goen! A Frankräich..., dat kann net an deene Länner goen. Et huet geklappt. Et huet geklappt! Jiddwereen huet gemengt, et géif kee méi an eng Disco goen. Et geet.

Et soll een och net vergiessen, dass d'Klima an Italien vläicht och net datselwecht ass wéi hei!

(Brouhaha)

An Italien op enger Terrass... Mä Irland kann een awer e bësse mat hei vergläichen, dass mer do en anert Land hunn, wou et och klappt.

(Interruptions diverses)

Mä, wéi gesot, wat fir mech einfach wichteg ass, an dat ass hei virdru scho gesot ginn, firwat ech d'Wuert ergraff hunn, Här President, ass, well ech selwer fëmmert sinn. An ech hu fonnt, dass et ganz gutt ass (veuillez lire: dass et net ganz gutt ass), dass een hei no deem aneren op d'Tribün kënnt, deen net fëmmt an deen op de fëmmert mam Fanger weist a seet: „Dat ass dee Béisen!“

(Interruptions diverses)

Ech wollt just soen, dass et och fëmmerte gëtt, déi sech bewusst sinn, dass meng Fräiheet do ophält, wou deem anere seng ugeet. An dass, wann ech an engem Bistro sinn a mat Leit an e Bistro ginn, an enger Disco sinn an ech fëmmen, déi net Fumeur sinn, dass ech se stéieren.

Dass d'Personal, dat vläicht net de Choix huet... Well wann ech da gesot kréien: „Da soll en op eng aner Plaz schaffe goen!“ Et ass jo net, wéi wann d'Zeitung voller Annoncé wären, dass egal wien egal wéi eng Plaz kéint kréien! An ech akzeptieren och net, dass ee seet: „Da soll ee sech eng aner Plaz siche goen!“ Dass een och sech muss fir d'Personal asetzen! Also d'Personal, dat an deene Plaze schafft, wéi d'Caféen an och wéi d'Discoen.

An dowéinst muss ech lech soen, dass ech als Fumeur och mat de Restauranten... Stellt lech emol vir, wann haut ee géif eng Zigarette an engem Restaurant fëmmen, mä dee géif direkt erausgehait ginn, vun de Clienté selwer, emol net vun der Direktioun! D'Leit géifen net méi akzeptieren, well dat de Fall ass.

Ech ginn elo och net op d'Zuelen an, ob et cool ass oder net cool, ze fëmmen, ob et flott ass oder net flott ass. Ech kann lech just als Fumeur soen: Chapeau fir all déi, déi opgehalen hunn! Chapeau fir all déi, déi opgehalen hunn! Well et ass net einfach. Duerfir ass et besser, et fänt een net un. An ech soen och der Fondation Cancer Merci, fir déi ganz Aarbecht, déi se maache justement am Préventionsssektor.

(Interruption)

Well et ass, wann een net ufänt, da brauch een och net opzehalen. Mä ech wollt lech just soen, dass deen heiten Text fir mech en Text ass, deen net perfekt ass, well déi eng oder déi aner Saach hätt ee vläicht kennen diskutieren, iwver wéi dat eent oder dat anert sollt dra-stoen. Mä ech mengen, e geet an déi richteg Richtung. An ech wollt dem Minister soen, dass en et vläicht net ëmmer einfach hat, well ech weess, dass e politesch eng Majoritéit huet misse fanne fir hei. An ech sinn och frou, wann elo d'Spreecher op déi richteg Bunn komm sinn, fir dat heiten ze stëmmen.

Ech stëmmen net de gaieté de coeur, well ech mer soen, et ass traureg, dass mer an enger Gesellschaft sinn, wou net spontan ee ka soen: „Ech gi meng eraus fëmmen.“, an dass mer musse Regele maachen, well einfach deen een deen aneren net onbedéngt respektéiert. Mä, wéi gesot, ech wëll elo net hei, dass op deen een oder deen aneren an der Gesellschaft mam Fanger gewise gëtt. Dass e fëmmert och en Netfëmmert respektéiert, mä en Netfëmmert och e fëmmert. Jiddwereen huet seng Laaschten.

Mä gleëft mer et: Wann e fëmmert kéint ophalen, da géifen der ganz vill et maachen. Déi eng oder déi aner, wa se domadder hir Freed hunn, loosst hinne se och nach a kontrolléiert net alles, wat se vläicht nach doheem oder am Auto oder virun enger Dier wëlle maachen! Loosst de Leit och nach e bësse Fräiheeten!

Merci.

► Plusieurs voix.- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bettel. Elo kritt d'Wuert den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e gudden Dag fir d'Gesondheet. An ech wollt fir d'Eischt emol, fir unzefänken, jiddwerengem, dee matgeschafft huet, fir e kloert Gesetz ze kréien, mat klore Messagen, en häerzleche Merci soen.

Et ass e Gesetz, dat d'Gesondheet an de Mëtelpunkt stellt, an net e Gesetz, dat géint ee virgeet. Et ass e Gesetz, dat aus dem Netfëmmen d'Norm mécht, an net méi, wéi dat fréier emol de Fall war, aus dem Fëmmen. Et schützt déi, déi bis elo hu missen am Dampf schaffen, well déi sinn och net ze beneide gewiescht. An et soll prioritär déi Jonk schützen.

Sécher - an dat wësst Der, mir hunn dat an deene leschte Jore méi wéi eng Kéier erlieft - mécht dëse Projet an där enger oder an där anerer Versioun net d'Unanimitéit. Mä d'Fakte sinn nun emol op der Säit vun deenen, déi d'Leit, déi net fëmmen oder net matfëmmen wëllen, besser wëlle schützen, well den Tubak ass responsabel fir schwéier Krankheeten oder souger den Doud vun all zweete Mënsch, dee fëmmt. Am Duerchschnëtt ginn duerch d'Fëmmen, während enger laanger Phas, bis zu 13 Liewensjore verluer.

Den Tubak ass net e Symbol vu Fräiheet, mä e mécht schnell, virun allem méi Jonker, vun him ofhängeg. Den Tubak ass schold, dat soll ee kloer soen, un neng vun zéng Longekriibsen. Oder an anere Wieder: Wa muer kee méi géif fëmmen, da géif et neng vun zéng Longekriibsen net méi ginn. Dat si keng donkel Statistiken, dat ass geliefte Realitéit. Schwätzt mat Cancérologuen, schwätzt mat Longendokteren, déi kennen lech dat aus der deeglecher Praxis bestätegen!

All Joers gi mer mat 200 neie Fäll vu Longekriibse konfrontéiert. All Joers stierwen ëm déi 180 Leit u Longekriibsen, well Longekriibsen ass eng Kriibsort, déi och haut nach schlecht Prognosen huet. 180 Leit, dat sinn der méi wéi déi Leit, wou een och muss bedauern, déi am Verkéier, duerch Drogen an duerch Suicide zesumme stierwen. Passiven Tabagismus ass ebenfalls responsabel fir eng ganz Rei vu Longen- respektiv Häerzkrankheeten.

Den Tubak ass den Haaptresponsabele fir évitabel Krankheete respektiv fir évitabel Doudesfäll. Et soll een also dat Ganzt e bëssen entmystifi-

zieren. A wann een, zu Recht, Suergen an de Vierdergrond stellt, déi et an der Tubaksindustrie gëtt, am Horeca-Sektor, wann ee Fräiheete géint Fräiheete stellt, da soll een awer och déi dote Fakte mat eranhuelen.

Hei geet et ëm verluer Mënscheliwwen. Hei geet et ëm verluer gesond Joren. An dat däreft een awer, wann ech gelift, wann een diskutéiert, och an d'Woschuel geheien, ouni dass een als Hexejeeër duergestallt gëtt! Hei geet et wierklech net drëms, fir Leit, déi fëmmen an net, meeschtens net ophale kënnen, un de Pranger ze stellen, mä et geet drëms, bei allen aneren Enjeuen d'Gesondheet awer op déi Plaz ze setzen, wou se higehéiert.

An ech mengen, dat ass och eppes, wou déi Chamber hei kann houfreg driwwer sinn, dass déi Gesondheet, déi jo fir eis alleguer dat Allerwichtigst ass - ech mengen, do gëtt et keen Zweifel driwwer -, dass se dee Stellewäert kritt, dee se, och vis-à-vis vun anere Prioritéiten, verdéngt!

Ech verstinn d'Suerge vun de Cafetieren, déi fäerten ëm hir Zukunft. Ech verstinn déi Suerge vun de Leit, déi gär a Caféen ginn a bei engem Patt fëmmen. Mä déiselwecht Argumenter, déi elo bruecht ginn, déi ass et och ginn - an dat ass an deem exzellente Rapport vun der Madame Mutsch erauskomm -, déi sinn och vis-à-vis vum Gesetz vun 2006 ervirbruecht ginn.

An déiselwecht Leit, vill vun deeneselwechte Leit, déi op de Barrikade stoungen géint dat Gesetz, déi hunn e puer Joer duerno gesot: „Dat do Gesetz ass wierklech gutt a mir ënnerstëtzen dat Gesetz.“ Ech wëll elo net behaupten, dass dat wäert d'selwecht goen, mä et wäert net vill aneschtens ginn, wann ee sech bis dru gewinnt huet.

Gesetzer bréngen eppes. Dat gesi mer. Mä Gesetzer bréngen net alles. Niewent deene Gesetzer muss et nach aner Initiative ginn. Mir hu viru Joren dee Réseau „Écoles sans tabac“ opgebaut. Ech war Zeie vun enger formidabler Initiative op der Plëss, wou Honnerte vu Schüler sech zum Netfëmmen bekannt hunn an en Netfëmm-Rallye matgemaach hunn, wat eng formidabel Symbolik hat.

Mat Campagnen eleng geet et och net duer. Mä Campagnen kënnen awer e Mentalitéitswiesel lues awer sécher erbaiféieren. A kombinéiert kloer Messagen, Campagnen, kloer Message vis-à-vis vun deene Jonke féieren, hunn dozou gefouert, dass mer hei zu Lëtzebuerg, wou mer konnte soen, dass mer gefëmmt hu wéi d'Tierken - iwwregens, d'Tierke fëmmen net méi wéi d'Tierken, well si hu virun e puer Méint och eng Gesetzesännerung gemaach -, vun enger Situatioun vun 2003, dat ass net Jorzéngten ewech, mat 33% vun de Leit, déi gefëmmt hunn, erofkomm sinn duerch all déi Moosnamen, och duerch den Encouragement vum Sevrage, erofkomm sinn, jee nodeems, ob een d'deeglecht Fëmm mat eranhält, op 23%, oder d'geleentlecht Fëmmen op ënner 20%, wou mer an engem ganz gudden, op enger ganz gudder Plaz am europäesche Peloton stinn. Mir hunn domat d'Nues relativ viru baid. Net dës Kéier bei deenen, déi am meeschte fëmmen, mä bei deenen, wou et am meeschten erofgaangen ass.

An ech mengen, mir sollen eis elo net begnügen, fir ze verbidden oder ze reglementéieren, mä mir sollen encouragéieren. An duerfir, déi Initiative, déi zwësche Gesondheitskeess a Gesondheitsministère geholl ginn ass, fir de Leit d'Ophalen ze erliichteren, huet elo keng Dausende vu Kandidate bruecht, fir opzehalen, mä Honnerten. An den Taux de réussite läit bei 25%.

Wou ech net weess, ob een erëm ufänt, a wou ee sécher kann driwwer diskutieren, ob et net ze vill bürokratesch ass an ob een net kann an enger zweeter Phas do en zousätzlechen Effort maachen. Well déi dote Suen, déi si gutt investéiert. Wou awer den Tabacstop an d'Encouragéieren, fir opzehalen, net déi beschtméiglech Solutioun ersetzen, dat heescht déi, dass een iwverhaupt net soll ufänken, da brauch een och net opzehalen.

Ech sinn och darselwechter Meenung wéi d'Madame Mergen, wéi och iwwregens den Alexandre Krieps, dass mer dru wannen, wa mer eis Dokteren encouragéiert kréien, fir bei deene regelméissegem Kontakter mat de Patienten deen noutwendige Message eriwirzekréien. Well en Dokter huet e ganz groussen Impakt op d'Verhale vu senger Patienten. Ech droen do ganz vill Hoffnung an dee Präventionsprogramm, dee mer zesumme mat den Allgemengdokteren am nächste Joer sollen ulafe loosse a wou ee systematesch soll encouragéieren, fir an déi dote Richtung ze goen, also fir opzehalen.

Bon, dat heite Gesetz ass eng logesch Suite vun dem Gesetz vun 2006. Jo, mir hunn haart diskutéiert! Mä bon, an dësem wéi an anere Problemer gëtt et net déi eng Wourecht, gëtt et e

puer Iwwerzeegungen. D'Haaptsaach ass, dass een um Enn vum Dag zu enger gudder Solutioun komm ass, déi och Versteedemech huet fir eng Rei vu Realitéiten. An ech kommen herno drop zrëck, wann ech, ganz kuerz, op de Volet Fumoiren aginn.

Dir wësst, d'Gesetz vun 2006 war en éischte Schratt. Et war deen, deen deemools méiglech war. Et konnt ee soen, dat war e Fiasko. Neen, dat war kee Fiasko! - menger grénge Kolleegin hei gesot. Well déi ganz Diskussioun ronderëm dat Gesetz, déi ganz Sensibiliséierung ronderëm dat Gesetz hunn dozou gefouert, dass 30% vun deene Leit, déi gefëmmt hunn, opgehalen hunn. 30%, vun 33% op ëm déi 20! Wann dat e Flop ass, da géif ech gär gesinn, wat e Succès ass! Dat war dat...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Ech hunn dat guer net gesot.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Dach, Dir hutt...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Neen, ech hu gesot,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Dir hutt...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- ...et géif e Fiasko ginn, wann ee géif ënnerscheiden...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Dir hutt gesot, dat wär kee Volltreffer.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- ...tëscht klengen a grouse Bistroe.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Neen, Dir hutt gesot, dat wär kee Volltreffer. Ech mengen, wann een d'Resultater...

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Dat ass net de Fall.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Wann een d'Resultater gesäit, dann ass dat mat Sécherheet, mat Sécherheet e Succès.

(Interruption)

Oh, wësst Der, Här Braz, och Dir wäert nach eng Kéier d'Realiteit vu Kompromëssfäegkeet léieren. Ech hoffen awer, nach net esou bal.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Här Di Bartolomeo, mir hu ganz vill Erfahrungen am Fall...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Ech hoffen, dass Der dat nach net esou bal...

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Mir kennen dat, mir kennen dat.

► **M. le Président.**- Neen, hei, ech mengen, mir maachen awer elo keng Diskussioun. Här Braz, wann Der eng Fro wëllt stellen, da kënnt Der eng Fro stellen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President,...

► **M. le Président.**- Soss lauschtere mer elo dem Minister no.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, ech loosse mech net méi bëren.

Ech wollt just soen, dass d'Evaluatioun vum Gesetz vun 2006 global positiv ass. Ech wollt just drun erënneren, dass mer e puermol an der Chamber hei iwwert de Bilan diskutéiert hunn, iwver eng Motioun vun deene grénge Kolleegen diskutéiert hunn, wou d'Regierung sech engagéiert huet, fir gemeinsam op deen dote Wee ze goen. Dass mer Konventiounen ënnerschriwwen hunn. An dass mer duerchaus an der Linn vun deem sinn, wat mer an deene leschte Joren zesumme gemaach hunn.

De Conseil d'État iwwregens, deen hei eng Hand mat ugepaakt huet, eng gutt Hand mat ugepaakt huet, ass och a senger Linn bliwwen, an där Linn, déi en 2006 gezechent hat, wou e gesot huet: „Oh, en hätt sech kënnen erwaarden, dass ee méi wäit gaange wär.“ Mä och am Conseil d'État gëtt et jo Gläichgewichter oder Ongläichgewichter, grad wéi op anere Plazen. An hei huet de Conseil d'État kloer mat ugepaakt.

Mir hunn e kloert Gesetz mat klore Message fäerdegbruecht, wou de Schwéierpunkt op de Schutz vun deene Leit, déi an den Etablissementen schaffen, geluecht gëtt. E Schwéierpunkt op de Schutz vun de Jugendlechen, wat sech doran ausdréckt, dass mer och an den Diskotheken eng ganz kloer Approche hunn, wou och ni eng Diskussioun driwwer war. Wou ech och wëll soen, dass ni an der Visée a Richtung Jonker iergendeng Diskussioun op iergendenger Bänk war. Mä et ass ëmmer d'Konscht gewiescht, wéi een am beschten deen, deen ee



viséiert, och erreecht, ouni anerer ze vill domat ze schiedegen.

Och dat heite Gesetz ass e Kompromëss. Ech hunn op där enger Säit Echoe kritt, déi mer gesot hunn: „Dat geet awer nach net wäit genuch, well Der awer nach d'Méiglechkeet vun de Fumoire schaaft.“ Op där anerer Säit: „Dir gitt vill ze vill wäit.“

Ech muss soen, dat hei ass en anstännegen Equilibre, wou mer - déi Fumoiren, do gëtt drop gewaart, wou an der Zwëschenzäit de Projet de règlement virläit. Deen ass duerchdiskutéiert gi mat der Chambre des Métiers, gëtt och nach eng Kéier duerchgekuckt mat dem Secteur - anstänneg Schutzmoosnamen hunn, déi awer net ze vergläiche si mat deenen Equipementer, déi virgesi waren a Restauranten, wou ee gläichzäitig sollt iesse kënnen a gläichzäitig fëmmen.

Well hei geet et ëm Fumoiren, wou mer soen, déi mussen hermetesch ofgeschloss sinn. Et dierf keen Transit sinn. Et dierf net dran zerweiert ginn. An et dierfe keng Jugendlech ënner 18 Joer Zougang kréien. Déi och kloer als dat gezechent ginn.

Deen Text, deem d'Basis ass vun deene Fumoiren, wäert an deenen nächste Wochen disponibel sinn. Ech huelen en e Freideg mat an de Conseil du Gouvernement, fir de Go ze kréien, fir en op de Wee ze schécken. An dann, mengen ech, ka jiddweree sech an deenen nächste sechs Méint, well déi hu mer jo och. An och dat ass jo e Kompromëss. Mir hu jo net gesot: „Muer trëtt et a Kraaft.“, mä mir loosse dem Secteur déi sechs Méint, fir sech kënnen ze adaptéieren. Wou also an deene sechs Méint déi wellen e Fumoir installéieren, wou keng Mannerjähreg ënner 18 eragehéieren, well eist Haaptzil ass jo, fir déi Jonk ze schützen, fir sech doru kënnen ze adaptéieren.

Jo, déi Iddi fir déi sougenannten „Bopebistroen“ oder kleng Bistrot vum enger lwwer-gangphas profitéieren ze loosse, ass kontrovers diskutéiert ginn, war och en Usaz zu engem Kompromëss, wuel wëssend, dass d'Applikatioun do dovun ganz schwéier gewiescht wär a wou de Conseil d'État am Endeffekt mat tranchéiert huet an de Wee fir d'Chamberskommissionen fräi gemaach huet.

Urspréngleche Projet, bon, do kann een driwwer diskutéieren. Wat ass den urspréngleche Projet? Ass dat dee Projet, deem ech am Ufank presentéiert hunn? Ass dat dee Projet, wou mer no engem kuerze Stopp an engem klengen Bistro festgehalten hunn? Oder ass dat deem heiten? Bon, ech loosse jiddwerengem de Verdéngscht vun deene Moosnamen, mat deenen e sech kann identifizéieren, kommen awer zur Konkusioun, dass mer hei eppes Anstänneges fäerdegbruecht hunn.

Just nach ganz kuerz, wat elo kënn. Mir wäerten also schnell dee Règlement grand-ducal, dee fäerdeg ass, probéieren a Kraaft ze setzen. D'elektresch Zigarett, déi keen Thema war, gëtt thematiséiert am Beräich vun der Direktiv iwwert den Tabagismus, ass glécklecherweis hei zu Lëtzebuerg nach e marginale Phänomeen. Ech hoffen, dass et do derbäi bleift.

Dann, d'Entrée en vigueur ass gefrot ginn. Den 1. Januar 2014. Dir wäert mir erlaben, dovun iwwerzeegt ze sinn, dass et kee Sënn ergëtt, fir de Leit um 12 Auer Mëtternuecht d'Äschebecheren ewechzehuelen. Ech mengen, dass dat largement duergeet, wann een dat um 12 Auer mëttes vum 1. oder um 2 Auer mëttes den 1. mécht. Dat steet net esou am Gesetz, mä dat seet awer de gesunde Mënscheverstand. Et trëtt den 1. Januar a Kraaft. Loosst eis déi Latitude, dass mer iwwert d'Auerzäit selwer kënnen decidéieren an dass net d'Douanieren an d'Polizisten um 12 Auer erausschwärmen an d'Äschebechere konfiszéieren!

Här President, ech mengen, dass ech op de Gros vun den...

► **M. le Président.**- Jo, well Dir sidd scho laang iwwer Är Zäit eraus, Här Minister.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- ...vun de Froen agaange wär. Ech wollt just nach mat engem bon Mot ofschléissen:...

(Interruptions)

...Beim Jean Colombero hu sech den Dokter Jean an den Här Colombero eng ganz schlëmm Schluecht geliwwert.

(Hilarité)

Ech stelle mat Satisfaktioun fest, dass den Dokter Jean gewonnen huet an den Här Colombero net muer brauch den Tubak senge Patienten ze verschreiwen.

Ech soen Iech villmools Merci.

► **M. le Président.**- Merci dem Gesondheitsminister.

Mir sinn dann och domadder um Enn vun der Diskussioun a kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6494 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6494 ass ugeholl mat 56 Jo-Stëmmen, géint 4 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Pierre Mellina, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Robert Weber, Lucien Weiler (par Mme Nancy Arendt), Raymond Weydert (par M. Jean-Paul Schaaf), Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roland Schreiner), MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Roland Schreiner;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Jean Colombero et Jacques-Yves Henckes;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Anne Brasseur et M. Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt hu mer eng Konsultatiounsdebat iwwert deem neie Plan hospitalier. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Madame Mergen, den Här Krieps, d'Madame Mutsch, d'Madame Lorsché an den Här Gibéryen, an den Här Colombero kënn nach derbäi. Als Éischte kritt elo de Gesondheitsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Wuert.

12. Débat de consultation sur l'élaboration d'un nouveau plan hospitalier

Exposé

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, wéi vill Minutten hunn ech?

► **M. le Président.**- Dir hutt elo 20 Minutten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Ah, da probéieren ech, esou kuerz wéi méiglech ze sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir bleiwe bei der Gesondheet. An ech wollt, fir unzefänken, feststellen, dass mir hei zu Lëtzebuerg d'Chance hunn, e Gesondheetssystem ze hunn, deem de Wäerter vun dem universellen Zougang fir jiddwereen, ouni Ennerscheid vu senger finanzieller Situatioun, vu Qualitéit a Solidaritéit, wäitgehend gerecht gëtt.

De Spidolssecteur huet an deem System eng wichteg Roll ze spillen an ass fir iwwer 50% vun den Ausgaben an der Santé responsabel. De Spidolssecteur ass e wichtege Pilier, mä net deem eenzegen. De Gesondheetssystem brauch gradesou wéi de Spidolssecteur e performanten Deel vu medezinescher Grundversuergung, Médecine de première ligne, wou net deem ee méi wichteg an deem anere manner wichteg ass, mä déi zwee sech formidabel kënnen ergänzen.

An de Gesondheetssystem brauch och e performante Secteur vun de Soins de longue durée, mat deene Bindeglieder zwëschen deene verschiddene Secteuren, wou ech elo d'Psychiatrie net speziell erwähnen, well ech mengen, dass déi zu deem gesamte Secteur als gläichberechtigte Volet gehéiert.

Dese Spidolssecteur huet an deene leschte 15 Joer eng bemerckenswäert Entwécklung erlieft: Fusiounen an alle Regionoun, Neibauten, Moderniséierung, nei spezialiséiert Strukturen, gutt Equipementer an eng ganz gutt personell Aus-

stattung, souwuel wat Medeziner wéi medezinescht Personal oder paramedezinescht Personal ugeet.

Zënter den 80er Joren, verstärkt an den 90er Joren, hu mer hei zu Lëtzebuerg all d'Spideeler d'selwecht behandelt, ob et elo privat Spideeler sinn oder öffentlech Spideeler, ob et laizistescht orientéiert Spideeler oder Spideeler mat engem méi reliésen Hannergrond ugeet, mir hu se alleguer d'selwecht behandelt. An ech mengen, dat ass och gutt!

An am Virfeld vun der Opstellung vun engem Plan hospitalier soll een och déi al Zöpf net erëm eng Kéier ausgruuewen an et zu engem Antagonismus zwësche sougenannten öffentleche Spideeler a sougenannte private Spideeler oder Kongregatiounsspideeler komme loosse, well vergiesse mer net, si hunn eppes gemeinsam: Si ginn alleguer quasi zu honnert Prozent öffentlech finanzéiert. Also, wann ech gelift, net d'Krichsbeil erëm ausgruuewen. Mir brauchen eis Energie fir aner Chantieren.

Eleng an d'Infrastrukture sinn an deene leschten zéng, zwielef Joer iwwert de Statsbudget an iwwert d'CNS iwwer 700 Milliounen Euro an de Spidolssecteur gefloss. A mir wäerten nach eng gutt hallef Milliard an deenen nächsten zéng Joer brauchen, fir dee Moderniséierungsprozess ofzeschléissen.

(Mme Anne Brasseur prend la présidence.)

D'Reform vun der Psychiatrie, den Opbau vun der allgemenger Rehabilitatioun an der Réhabilitation gériatrique insbesondere, d'Gesondheitsreform mat beträchtlechem Impact op de Spidolssecteur hunn déi lescht Jore gekennzeechent. De Spidolssecteur steet haut zolidd do. Dat muss een esou soen. A wann een de Bléck vu bausse op eise Spidolssecteur wërft, da kënn een net zur Konkusioun, dass d'Moyenen, souwuel wat dat Finanziell wéi och dat Personell ugeet, net anstänneg oder net grouss genuch wäeren.

Fir dëst Joer steet e weidere Projet um Ordre du jour. Dat ass deem neie Spidolsplang, deem déi Weiterentwécklung am Spidolsweise fir déi nächst fënnf Joer wäert mat beaflossen. De Spidolsplang ka munches, mä net alles. Et ass e Règlement grand-ducal, deem dofir eng limitéiert Portée huet. E kann de Klasement vun de Spideeler nei regelen, e kann déi regional Uerdnung reglementéieren oder reforméieren, e kann d'Zuel vun de Better definéieren, d'Aart vun de Better: Akutbetter, Laangzäitbetter, Psychiatriebetter an esou weider an esou fort. E kann d'Servicer festhalen, déi am Lëtzeburger Spidolswiesen ugebuede ginn. An e kann Orientéierung gi fir noutwendeg Spezialiséierungen do, wou se e Sënn erginn.

D'Spidolsplanung - an do si mer eis alleguer eens - soll den Intérêt vum Patient an de Mëtelpunkt stellen, him dee beschtméiglechen Zougang zu där beschtméiglecher Prise en charge sécheren. De Spidolsplang ass net prioritär do, fir den Ambitioun vum deem engen oder anere Gestionnaire ze gefalen. Ech mengen, et geet drëm, prioritär soll de Patient am Mëtelpunkt stoen.

Fir dat ze garantéieren, ass et noutwendeg, de Secteur sporadesch ënnert d'Lupp ze huelen an eng stäerkend Schwächtenanalys ze maachen. Dat hu mer elo gemaach, mam Bléck vu bausse. Déi Etüd Lenz, déi vill kommentéiert ass an déi vun engem spezialiséierte Büro aus der Schwäiz gemaach ginn ass, huet de Verdéngscht, dass et en ongedréiften oder e wäitgehend ongedréifte Bléck vu bause war, deem eis konnt soen, ob d'Grondrichtung stëmmt - an déi stëmmt - a wou ee Korrektur kann ubréngen.

De Lenz-Rapport huet d'Schwächen an d'Stärken vun all auswäertegem Rapport: Net all Detailer gi kannet vun de Realitéiten. An dee Rapport, dee ka sech nëmmen op déi Donnée baséieren, déi do sinn, déi awer zum gudden Deel vun de Spideeler selwer geliwwert gi respektiv vun der CNS geliwwert ginn. An ech kommen do nach drop zréck.

Doniewent hu mer eng Foto gemaach, eng Bestandsopnahm gemaach vun deem, wat an eise Spidolssecteur leeft un Aktivitéiten duerch déi nei Opstellung vun der Carte Sanitaire, déi elo am Drock ass an deenen nächsten Deeg wäert disponibel sinn.

Weder de Lenz-Rapport nach d'Carte Sanitaire sinn awer de Plan hospitalier! Et sinn Elementer, déi an de Plan hospitalier era kënnen fléissen. Et sinn och an deenen zwee Dokumenter kontrovers Theesen enthalten, déi net onbedéngt eis Theese musse sinn, mä déi awer de Verdéngscht hunn, dass se opgeworf ginn an dass se kënnen Orientéierung si fir Zukunftschantieren. An do wäert Der gesinn, souwuel - an deem hutt Der - am Rapport Lenz wéi och an der Carte Sanitaire sinn lwwerleungen dran, déi zum Deel iwwert déi normal Foto erausginn, mä wou Akzenter gesat gi fir muer an iwwermuer.

Déi Rapporten, déi Viraarbechte si vun engem Aarbechtsgrupp opgeschafft ginn, an deem de Gesondheitsministère, d'Direktioun vun der Santé, d'CNS, d'IGSS - an, an, an, an - bedeelegt waren. An den Entworf vum Plan hospitalier, de Virentwurf vum Plan hospitalier wëll ech virun der Vakanz nach ofschléissen, fir en dann an d'Consultatioun eranzeginn. Dat brauch sécher eng Rei vu Méint, mä mir wëssen, dass et am beschte wär, wa mer dee Plan hospitalier - dat ass keng gesetzlech Noutwendegkeet -, mä dass et am beschte wär, wann dee Plan hospitalier kéint ufanks 2013, mam Ufank 2013 a Kraaft...

(Interruption)

Jo, 2014! Jo, bon, ech sinn hänkebliwwen.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Dat ass meng al Ried gewiescht.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Haha! Ier dësen Entworf op de legislative Wee geschéckt gëtt, wollt ech an deem Débat vun haut d'Chamber lauschteren. Ech wollt héieren, wat fir Prioritéiten d'Chamber an deem dote Plan hospitalier ersetzt, fir da meng ege Propositionen ze finaliséieren an an d'Begutachtung eranzeginn. Ech wëll dofir net ze laang schwätzen, mä virun allem lauschteren, just e puer Elementer awer op den Dësch leeën.

Souwuel de Rapport Lenz wéi d'Carte Sanitaire beleeeën d'Noutwendegkeet, fir d'Donnéeën iwwert d'Aktivitéiten vun de Spideeler, iwwert d'Activités médicales ze verbesseren, dat fuerdere se an. Déi Donnéeën, déi mer am Moment hunn, si Matière à discussion, sinn net esou zouverlässeg, wéi mer dat brauchen. An dofir louche mer richteg mat der Gesondheitsreform, dass mer d'Weihe gestallt hu fir eng verlässlech Dokumentatioun an de Spideeler. Déi Aarbechte si gutt fortgeschritt an am Laf vun deem Joer wäert d'Testphas an deenen engen oder anere Servicer ugoen.

Ech wëll awer direkt soen, dass, och wa Lücken an eiser Dokumentatioun sinn, dass déi Chifferen, déi mer um Dësch leien hunn, eng gutt Orientatioun duerstellen an net esou ze interpretéiere sinn, dass mer elo emol alles sollt leie loosse an da véier Joer waarden, bis dass mer dann an alle Beräicher verlässlech Chifferen hätten! Dat wäer verluere Joren. Déi Gronddaten, déi mer hunn, weisen eng Richtung, op déi mer eis awer kënn baséieren.

Zweet Feststellung: D'Capacitéit vun eise Spideeler ass duerchaus okay am Horizont 2020. Esou dass mer bei deem Plan hospitalier net eng animéiert Bettendiskussioun wäerte kréien doduerch, dass mer e massive Bettenopbau géife maachen oder e massive Bettenofbau géife maachen. Hei geet et drëm, eng besser Notzung vun de besteende Capacitéiten kënnen ze sécheren an do stationär ze behandelen, wou et noutwendeg ass, an do ambulant ze behandeln, wou et fir jiddwereen en Advantage ass!

Et ass net ze vertrieden, dass haut nach systematesch Leit stationär opgeholl ginn, obwuel se ouni Weideres, ouni dee geréngste Risiko kënnen ambulant behandelt ginn. Ech illustreieren dat mat der Ophtalmologie, wou an anere Länner de groe Star zu 80% ambulant gemaach gëtt. Bei eis waren et an der rezenter Vergangenheet ëm déi 20%. Et ass amgang, awer an d'Luucht ze goen, well déi richteg Messagen erauskommen sinn. A fir an e Bett geluecht ze ginn, wann een et net brauch, dat ass net e Service um Patient! Dat ass..., gutt, mir diskutéieren an engem anere Rahmen nach.

Jo, an dofir wäerte mer den Daum op der aktueller Bettenzuel halen, déi eng oder déi aner lichte Aménagement maachen, mä - mä! - de Spideeler méi Fräiheet ginn an deenen ambulante Plazen. Dat heescht, dass mer duerchaus dermat d'accord sinn, wa stationär Better, déi schlecht genotzt sinn, a Stellplazen oder an Dagebetter ëmgewandelt ginn. Do loosse mer et bei der Flexibilitéit a wäerten am Plan hospitalier do och net bis op dee leschten Dibbelchen Zuele festhalen.

Nodeem de Plan hospitalier, an dat ass e weideren Akzent...

Just eppes, wat ech nach vergiesse hunn, wat ech awer nach wollt soen: Bei de Capacitéiten a bei der Wiel zwëschen ambulant a stationär musse mer och engem Fakt Rechnung droen: dass mer méi al ginn an dass mer ëmmer méi eeler Patiente wäerten hunn. An déi Bettcapacitéiten am Stationären, déi brauche mer an deenen nächsten zéng, fofzéng Joer, fir déi méi polymorbid Patienten, eeler Patienten ze behandeln. A Jonker, déi just e klengen Bobbo hunn, déi brauche mer dofir net a Spidolsbetter ze leeën. Also musse mer do oppassen, wéi mer d'Beleung maachen.

Kuerz zu weideren Akzenten, déi mer wellen am Plan hospitalier 2014 setzen. Dee leschte stoung am Zeeche vun der Sich no Qualitéit.